



SÉANCE 14

MERCREDI,
12 DÉCEMBRE 2012

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydie Polfer, Vice-Président

Sommaire

- 6021 - Projet de loi concernant le surendettement et portant modification
 - de l'article 2016 du Code civil;
 - de l'article 536 du Code de commerce et portant abrogation
 - de la loi modifiée du 8 décembre 2000 sur le surendettement;
 - de l'article 41 de la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;
 - de l'article 4.6° du Nouveau Code de procédure civile
 - Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances: M. Jean-Paul Schaaf*
 - Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, M. Eugène Berger, M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché (dépôt d'un amendement), M. Jean Colombero*
 - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
 - Vote sur l'amendement 1 (rejeté)*
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- 6466 - Projet de loi portant approbation
 - de l'Accord modifiant, pour la deuxième fois, l'Accord de partenariat entre les membres du Groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou le 23 juin 2000 et modifié une première fois à Luxembourg le 25 juin 2005
 - de l'Acte finalouverts à la signature à Ouagadougou le 22 juin 2010 et à Bruxelles du 1^{er} juillet au 31 octobre 2010
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
 - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Xavier Bettel, M. Félix Braz, M. Fernand Kartheiser, M. Michel Wolter, M. Robert Weber*
 - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
 - M. Fernand Kartheiser*
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- Question élargie n°28 de M. Eugène Berger relative au changement de statuts auprès d'un prestataire de services du secteur socio-éducatif conventionné
 - M. Eugène Berger - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre.
(Début de la séance publique à 14.02 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Da kéime mer zum éischte Projet vun haut de Mëtteg, nämlech de Projet de loi 6021 iwwert d'Iwwerverschëldung. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Engel, d'Madame Lorsché an den Här Colombero. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

1. 6021 - Projet de loi concernant le surendettement et portant modification

1. de l'article 2016 du Code civil;

2. de l'article 536 du Code de commerce et portant abrogation

1. de la loi modifiée du 8 décembre 2000 sur le surendettement;

2. de l'article 41 de la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

3. de l'article 4.6° du Nouveau Code de procédure civile

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.**- Also, Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an den Aktivitéitsberichter vu ganz ville soziale Servicer am Land, do fënnt een ëmmer erëm Remarquen a Suergen ëm déi finanziell Problemer vun de Clienten. Et sinn déi, déi beschriwwen ginn an déi och e

groussen Deel vun den Aarbechten ausmaachen. Dacks ass et eréischt dann och, wann de Geldproblem mat eegene Mëttelen net méi léisbar ass, dass de Bierger de Wee bei e Service fënnt, notament bei den Office social.

Hannert de finanziellen Enkpäss sinn dacks aner Schwierigkeete vun der Organisatioun vum Liewen, vun de Relatiounen mat Mënschen, mat Servicer, mat Institutiounen, mat der Aarbecht, rechtlech, gesondheetlech an och sozial Froen a Problemer verstoppt. D'Statistiken aus dem Rapport vum Familljeministère fir d'Joer 2011, déi de Surendettement betreffen, sinn dofir och just en Deelaspekt vum wierkleche Problem vun der finanzieller Aarmut am Land.

D'Gesetz iwwert d'Iwwerverschëldung ass ee komplizéiert Regelwierk, fir all deenen, déi mer net als verschëllt, mä als iwwerverschëllt bezechnen, ze hëllefen. Et geet also hei ëm déi Mënschen am Land, déi ouni eng Interventiuon an ouni Ënnerstëtzung keng Chance hunn, erëm e Liewen a finanzieller Autonomie ze féieren.

D'Statistike weisen, dass d'lescht Joer 786 Ufroen un déi zwee Informatiouns- a Berodungsservicer, déi am Kader vum Surendettement bestinn, geriicht goufen. Mir hunn am Land en aktuellt Gesetz vum Joer 2000 a mir hunn zwee Träger: eng Kéier d'Ligue médico-sociale, fir den Zentrum an den Norde vum Land; an eng Kéier Inter-Actions Faubourgs, déi an de Südgemengen aktiv ass. Déi zwee Servicer hunn e sougenannte SICS, e Service d'information et de conseils en matière de surendettement.

2011 sinn do, wéi ech elo gesot hunn, 786 Ufroen erakomm an et sinn 390 nei Dossieren opgemaach ginn. Dorausser sinn 23 nei Dossiere virun der - an ech kommen herno dorop zrëck, wéi dat am Verlaf ausgesäit - Commission de médiation agereecht ginn a 15 nei Dossieren an der zweeter Instanz virum Riichter am Kader vun der Iwwerverschëldungsprozedur traitéiert ginn.

Mam Vote vun haut de Mëtteg gëtt dat Gesetz, wat mer haut hunn, vum 8. Dezember 2000

ofgeschaaft an duerch en neit Gesetz ersat. Déi wesentlechste Ursach, dat Gesetz vun 2000 ze iwwerschaffen, ass d'Aféierung vun engem am neie Gesetz als „rétablissement personnel“ bezechnete Virgank, bei deem um Schluss vun enger laanger Prozedur de Riichter d'Rechtschulde ka sträichen an domadder duerch dëst, och nach als „faillite civile“ bezechent, Uerteel dem hoffnungslos iwwerverschëllte Bierger en Neufank am Liewen erméigleche kann.

Well et sech bei dësem Gesetz ëm e komplizierten an och technesche Virgank an ëm eng laangwiereg Prozedur handelt, wëll ech, fir dëst Gesetz ze erklären, mat lech de Wee duerch d'Prozedur maachen an op de respektive Plazen och dat ervirsträichen, wat nei am Text ass.

Fir d'Éischt awer nach e puer Remarquen zu der legislativer Aarbecht.

De Projet de loi ass den 29. Mäerz 2009 déposéiert ginn an huet, no zwielef Avisen, zéng Dépêchen an Avisé vu Parquet a Justiz, enger Serie vu Regierungsamendementer a schliesslech enger Serie vu Kommissiounsamendementen an dräi Avisé vum Statsrot, den 13. November no 13 Kommissiunssëtzunge säin Ofschluss an der heiteger Form fonnt.

D'Familljekommissioun huet och déi zwee Surendettementsservicer, d'Commission de médiation, d'ABBL an d'ULC an der Kommissioun empfaangen, fir sech e geneet Bild iwwert d'Problemer mam aktuelle Gesetz an d'Perspektiv vum neie Projet ze maachen.

Esou wéi de Statsrot et vun Ufank u suggéiert huet, ass d'Kommissioun schliesslech der Meinung gewiescht, et wier besser, dat bestehend Gesetz ofzeschaffen an e ganz neien, kohärenten a besser lieserlechen Text ze maachen, deen dann och op all Modifikatiounshiweiser ka verzichten. An dofir huet d'Kommissioun - an ech wëll hei besonnesch d'Aarbecht vun eiser Sekretärin aus der Kommissioun, der Madame Weycker, ervirsträichen - de ganzen Text an eng nei Form bruecht.

Wat ass dann elo d'Ursach, fir d'Gesetz vun 2000 ze erneieren?

Et geet drëms - ech hunn et gesot -, fir de Prinzip an d'Prozedur vun der Faillite civile an der Légsliatioun anzeféieren. Dës Iddi ass an der Regierungserklärung vun 2004 ernimmt ginn, ass am Fënnfjoresrapport vum Surendettementsgesetz, dat 2005 virgestallt ginn ass, ënnersicht ginn an ass duerno och vun der Kommissioun positiv avisiéiert ginn.

Zweetens geet et och drëms, eng Rei vu Schwächen am ale Gesetz erauszehuelen. Et sinn zum Beispill d'Schwierigkeete mat dem Areechen an der Recevabilitéit vun Demanden, de Rollen an de Servicer vun der Commission de médiation, den Effete vu verschiddene Mesuren, den Délaien, der Informatioun un d'Créancierien, de Kautiounen a Matschëldner an och d'Froe vum Recours.

Wéi gesäit elo d'Prozedur aus vun engem iwwerverschëllten Demandeur?

Mir ënnerscheeden am ale Gesetz zwou an am neie Gesetz dräi Phase vun der Prozedur. Bei de bestehenden Etappen, déi, déi mer haut hunn, vum Règlement conventionnel virun der Commission de médiation - déi éischt Phas; ënnert dem Familljeministère steet d'Kommissioun - an dem Redressement judiciaire virum Fridensriichter, kënn dann elo eng drëtt Etapp, de Rétablissement personnel, bäi. Deen Term ass bewosst gewielt ginn, fir net déi negativ Konnotation vun enger Faillite an den Term ze setzen. Dës dräi Etappe si successiv, an de Rétablissement, also d'Faillite personnelle, ass subsidiäresch zu deenen zwou éischten.

Den Demandeur mécht elo eng schrëftlech Demande virun der Commission de médiation, an net, wéi bis elo, bei engem Service. No Instruktioun duerch de Service de surendettement hält dann erëm d'Kommissioun d'Décioun, fir den Demandeur an d'Prozedur zouzeloossen. Et kann, wéi och elo, kee Commerçant zougelooos ginn, ausser no enger Faillite oder sechs Méint nom Opléise vu senger kommerzieller Aktivitéit.

Kloergestallt ginn elo d'Délaien, d'Recoursméiglechkeet géint dës Décioun, d'Admissioun am Dossier, den Informatiounsfloss, d'Publikatioun vun den Échéancen an d'Entscheidungen, déi an engem Répertoire publizéiert ginn. Op dee kommen ech nach zrëck.

Et gëtt präziséiert, ënner wéi enger Form an a wéi engen Délaien d'Créancier sech bemierkbar maache mussen. Et kënn eng sougenannt „obligation de bonne conduite“ bäi, déi vum

Moment vun der Demande bis zum Ofschluss vun der Iwwerverschëldungsprozedur leeft. Am Résumé muss den Demandeur alles maachen, fir seng Situatioun ze verbessern. E muss kollaboréieren an e muss all Engagementer strikt anhalen.

Wann den Dossier ugeholl ass, schafft grad wéi haut de Service de surendettement ee Projet vun engem Plan de règlement conventionnel aus. Dorënner versteet een e geneeë Bilan vun der Situatioun mat Moosnamen, wéi d'Reduzéierung vun de Scholdzënsen, en neie Plang fir d'Zréckbezuule vum Kapital, d'Ufroe vu Seoursen, sozial Begleetmoosnamen, bis hin zu enger Finanzgestioun, d'Noloosse vun engem Deel vun de Scholden an esou weider.

Am neie Gesetz vun haut gëtt kloer geregelt, dass musse 60% vun de Créancierien, déi och 60% vun der Masse vun de Scholde representéieren, dem Plang zoustëmmen, fir dass en a Kraaft trëtt. Dëse Plang kann da maximal siwe Joer daueren. Och dës Décioun an Délai ginn am Répertoire publizéiert.

Wann dës Prozedur awer net kann duerchgefouert ginn, well zum Beispill de Plang net déi néideg Zoustëmmung vun de Créancierien fënnt, da kann den Demandeur sech un de Fridensriichter wenden, fir déi zweet Phas, e Redressement judiciaire, unzefroen. Den Échec vun der éischter Phas stellt d'Commission de médiation an engem Procès-verbal de carence fest.

Da komme mer also da bei de Riichter, an der zweeter Instanz. An de Riichter kann no Instruktioun ee Plan de redressement judiciaire arrétiéieren. An dësem ginn eng Rei Moosname festgehalten, déi den Auswee aus der Iwwerverschëldung méiglech maachen. Si gi vun der Reduktioun vun de Scholdzënsen, Ophiewe vu Garantien, Scholden noloossen, iwwer och - wéi ech virdru schonn ernimmt hunn, an der éischter Phas - sozial Begleetmoosnamen, imposéiert Finanzgestioun vum Schëldner an esou virun. Dëse Plang gëtt also dann de Créancierien imposéiert. An och dee ka maximal siwe Joer daueren.

Wann awer de Riichter gesäit, dass dee Plang a siwe Joer net zum erhoffte Resultat ka féieren, kann en ee Plan de redressement probatoire bis zu maximal fënnf Joer dekretiéieren. Dat ass och eng nei Mesure. D'Phase judiciaire ass iwwregens déi Mesure, déi Etapp, déi eigentlech am weinengste verännert ginn ass.

Wann awer dann all dës Mesuren aus der éischter an zweeter Phas, déi, wéi gesot, och haut am Gesetz existéieren, als Mesuren awer hei wesentlech präziséiert ginn, wann déi net zum Resultat féieren an also een Échec vun deenen Etappen aktéiert ass, da kann den Demandeur an enger Situatioun, déi d'Gesetz als „irréremédiablement compromise“ bezechent, eng Demande beim Fridensriichter maachen op de Rétablissement personnel oder déi perséinlech Faillite; fir et elo awer emol ganz plastesch a verständlech auszedrücken.

No senger Demande an innerhalb vu 15 Deeg convoquéiert de Riichter déi zoustänneg Servicer respektiv d'Kommissioun, déi mat der Persoun zesummeschaffen a geschafft hunn, an hält en Uerteel, fir d'Prozedur opzemaachen. De Riichter kann och hei sozial Begleetmoosnamen, e kann eng Enquête sociale froen, e kann en ekonomeschen a soziale Bilan maachen - e muss dat souguer maachen -, an dat kann e maachen, andeem en assermentéiert Experte benennt.

De Riichter hält dann d'Liquidatioun vum Besët vir. Dofir benennt en ee Liquidateur no de Modalitéite vum Code de commerce. Entweder dann duerch eng Vente à l'amiable oder duerch eng Vente forcée, eng Stee, gëtt innerhalb vu sechs Méint de Patrimoine verkaaft, mat Ausnahm vun deem, wat zum Liewe respektiv zum Erhale vun der Aarbechtsplaz strikt noutwendeg ass.

De Liquidateur verdeelt dësen Ertrag un d'Créancierien, nom Rang vun de Sécherheeten, déi mat hirer jeeweileger Créance verbundene sinn. Da mécht en e Rapport un de Greffe, mam Detail vun der Operatioun. An da gëtt et zwou Méiglechkeeten: Entweder ass de Patrimoine duergaangen, fir de Rescht vun alle Scholden ze begläichen, da gëtt d'Prozedur vum Riichter clôturéiert, oder de Patrimoine ass net duergaangen, an da kënn et zur „clôture



pour insuffisance d'actif", wéi dëst am Gesetz genannt gëtt.

Derbäi kënnt et dann zum Sträiche vun alle Scholden, mat Ausnahm vun deenen Deeler, déi duerch e Bierg oder Matscholdner ofgeséchercht sinn, a mat Ausnahm vun Alimenter oder Strofgelder, déi un eng Victime d'actes de violence volontaires, wéi et heescht, geschëllt sinn. Wann ee kann ouni Liquidatioun zu enger Léisung kommen, kann de Riichter op deem Punkt ausnahmsweis och e Plan de redressement judiciaire verhängen.

No där Prozedur bleift während siwe Joer d'Identitéit vum Schëldner an de Jugement vun der Faillite am Répertoire stoen. D'Noloosse vun alle Scholden ass geséchercht, ausser de Bénéficiaire kënnt innerhalb vun deene siwe Joer an eng Situatioun vun engem Retour à meilleure fortune, wann en also beispillsweis eng grouss Ierfschaft géif maachen. Da kann d'Commission de médiation op en Neits mam Dossier befaasst ginn, fir e Plan de règlement conventionnel opzestellen; also komme mer erëm eng Kéier an déi éischt Phas vun der Prozedur. Den Dossier kann och nei opgemaach ginn, wann een eng Fraude vum Client géif feststellen.

Ech hunn elo e puermol vum Répertoire geschwat, loosst mech dee kuerz erklären. Dee Répertoire ass eng nei Dispositioun, déi et de Créanciers, de solidaresch Matverschëllten, deenen, déi d'Kautioun gestallt hunn, erlaabt, iwwert de Fortgang vun der Prozedur au courant ze bleiwen. Déi Délaien, déi am Gesetz stinn, ginn och elo méi kloer, well se sech ëmmer op den Datum vun der Publikatioun an deem Répertoire bezéien.

D'Fro huet sech natierlech gestallt, wien dann elo dëse Répertoire féiert, wien am Sënn vum Dateschutz responsabel ass a wou dee Répertoire ugesiedelt muss ginn. Folgendermoossen ass dat tranchéiert ginn: De Répertoire gëtt geschafe beim Procureur général d'État, dëst op Recommandatioun vum Statsrot an och vum Justizminister, deen op eng ganz kloer Lokalisatioun vum Répertoire gepocht huet. De Procureur huet allerdéngs a senger Dépêche och insistéiert, dass seng Responsabilitéit sech op de Volet pénal géif limitéieren an net op den zivile Charakter vum Dateschutzgesetz. Eng Vue, déi de Statsrot anescht ausgeluecht huet, an d'Kommissioun huet an dëser Fro de Statsrot suivéiert.

Och wann et mat Schwierigkeete verbonne ka sinn, gesäit d'Gesetz elo eng dual Responsabilitéit fir de Répertoire vir. De Procureur ass responsabel am Sënn vum Dateschutz fir all Donnéeë mat juristeschem Charakter, an de Minister vun der Famill ass responsabel fir all Donnéeë mat perséinlechem Charakter.

Derniewent musse Modalitéite fonnt ginn, fir d'Gestioun vun den Ufroen, d'Recevabilitéit vun den Demanden ze klären, an och fir déi materiell Mise en place ze maachen. De Procureur hat proposéiert, d'Responsabilitéit beim Service ze loossen. De Statsrot hat ee Moment proposéiert, en administratiivt Organ, wéi de Registre de commerce oder souguer d'Zentralbank ze beoptragen. D'Dateschutzkommissioun huet keng Propos dozou gemaach.

Déi zréckbehale Solutioun, déi an der Familljekommissioun esou arrétéiert ginn ass, ass sécher net déi allereinfachst an hirer Applikatioun, mä a mengen Aen awer e ganz gudde Kompromëss. Si huet de Virdeel, dass d'Commission de médiation responsabel ass fir all Donnéeën, déi an der éischter Phas ënner hirer Responsabilitéit zustane komm sinn, an dass all Donnéeën, déi an der zweeter an an der drëtter Phas vun der Iwwerverschëldungsprozedur zustane komm sinn, ënnert der Responsabilitéit vum Procureur stinn. Dat sinn Donnéeën aus de juristesche Phasen.

D'Gesetz regelt dann och am Artikel 23 prezis, wéi déi Informatiounen, vu wien erstallt a wéi se transféréiert ginn. Accès zu den Avisen am Répertoire hunn nëmmen déi Servicer, déi an der Prozedur engagéiert sinn. Si sinn explizit un de Secret professionnel gebonnen. Eng Informatioun, ob eng aner Persoun am Répertoire opgefouert ass oder net, kann allerdéngs jiddweree kréien, dee seng Identitéit hannerleet.

Nei am Gesetz sinn och d'Dispositiounen iwwert d'Attributiounen vun der Commission de médiation, d'Referenz un den Dateschutz, d'Autorisatioun vun den Datebanken a schliesslech och iwwert d'Recoursen, déi kënne geholl gi géint Entscheedunge vun der Kommissioun. D'Dispositiounen iwwert de Fonds d'assainissement hu liicht geännert, fir kloerzestellen, dass et nëmmen de Minister ass, dee kann e Prêt de consolidation accordéieren.

Och géint d'Entscheidung vum Friddensriichter kann Asproch ageluecht gi beim Tribunal d'arrondissement, dëst an dräi Fäll: géint d'Urteil vum Plan de redressement judiciaire, an da géint d'Urteil vum Opmaachen engersäits respektiv vum Zoumaachen anersäits vun der Prozedur de rétablissement personnel.

Schliesslech nach ee wichtege Punkt. Mam neie Gesetz ginn och d'Rechter an d'Flichte vun de Kautiounen an den ënner méi Nimm opgehollene Kreditter gekläert. Dat awer elo am Detail ze exposéieren, féiert eis hei ze wäit.

Dëst Gesetz trëtt ee Joer no der Publikatioun am Mémorial a Kraaft, eng Zäit, déi noutwendeg ass, fir déi nei Prozeduren an d'Weeër ze leeden a fir och de Répertoire entstoen ze loossen.

Ech wëll hei mä Rapport ofschléissen, awer net ouni nach eemol ze ënnersträichen, dass dëst kee ganz einfache Gesetzesprojet war, well an all Situatiounen vun Iwwerverschëldung och Kontrakter mat Bankscholden am Spill sinn. Esou Kontrakter sinn awer juristeschem bannend Engagementer a kënne och net liichtfankeg ausser Kraaft gesat ginn. Duerfir ass dëst Regelwierk och komplizéiert an detailléiert. Aus den 31 Artikelen aus dem Joer 2000 sinn der haut 54 ginn. Si brénge méi Kloeerheet a méi Rechtssécherheet.

Dëst Gesetz bréngt deene Mënschen Hëllef, déi keng Perspektiv am Liewe méi hunn, deenen, déi, och wa se 100 Joer géifen al ginn an 100 Joer géife schaffen, nimools méi kéinten en neien Ufank maachen, well hir Scholdelaascht esou erdréckend héich ass, dass se keng nei Chance am Liewe kéinte kréien. De Wäert vun dësem Gesetz moosst sech also net an der Zuel vun de Leit, déi duerch eng zivil Faillite erëm eng Perspektiv kréien; de Wäert moosst sech an der Léisung fir dës puer Einzelschicksaler, déi no enger laanger a schwéierer Prozedur erëm kënne en neie Liewensprojet woen. Dat ass a menge Wieder op alle Fall de Sënn an den Zweck an d'Ausrichtung vun dësem Projet.

An domadder wëll ech och mä Rapport hei ofschléissen an ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

Discussion générale

► **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV).- An da wëll ech awer mer erlaben, nach e puer Sätz hanndrun ze maachen, dat am Numm vu mir selwer a vun der Fraktioun, ouni natierlech nach eng Kéier op den Inhalt vum Text anzugeen, just e puer Bemierkungen zum Projet vun haut.

Dee Projet ass keng Revolution am Beräich vun der Iwwerverschëldung a vun der Aarmut zu Lëtzebuerg, mä et ass awer en Instrument, wat eng noutwendeg Evolution matmécht. Et ass also... oder eng Evolution vun engem Instrument, dat dat Gesetz hei duerstellt, am Interesse vun deene Mënschen, déi ouni esou e Gesetz wierklech perspektivlos wieren.

Bei der Iwwerverschëldung denke mer - dat ass meng éischt Remarque, déi ech wëll maachen - natierlech ëmmer, wéi bei villen esou sozialen Themen, direkt an zu Recht och un d'Preventioun. Am Gesetz feele prezis Instrumenter zum preventive Volet am Beräich vun der Iwwerverschëldung. Dat ass och a verschiddenen Avisë bemängelt ginn. Allerdéngs ass d'Preventioun jo keen normative Virgang, deen een an engem Gesetz ka regelen oder octroyéieren oder och sanctionnéieren.

Preventioun besteet mengem Gefill no aus zwou Etappen. Dat ass eng Kéier déi primär Preventioun, also eng, déi gezielt Informatioun u Leit ass, déi net direkt a Gefor sinn, an huet och zum Zil, dass se sech net e Scholdemuster ugewinnen. Dat ass eng Preventioun, déi verschidden Zilgruppe kann zougeschwat ginn. Dat kënne Schüler sinn, dat kënne Jugendlecher sinn, dat kënne och Chômeure sinn, dat kënne jonk Eltere sinn, dat kënne eeler Leit sinn, dat kënne vulnerabel Gruppen an eiser Gesellschaft sinn. Déi ze definéieren, ze kucken, wat fir e Verhalensmuster een do viséiert a mat wat fir enge Moyenen een do agéiert, geet sécher iwwert de Kader vun dësem Projet de loi eraus, mä et ass a bleift awer relevant.

Ech wëll duerfir soen, dass ech mengen, dass dee Volet ganz wichteg ass, an och hei ënnersträichen, dass déi zwee konventionéiert Servicer d'information et de conseils en matière de surendettement an deem dote Beräich an der Vergaangenheet vill gutt Aktiounen gemaach hunn, an ech hei de Wonsch wëll ausdrécken, dass si och an der Zukunft déi Moyenn behalen a kréien, déi se brauchen, fir dat doten ze maachen.

Da gëtt et deen anere Volet, dat ass déi sekundär Preventioun, déi am Fong geholl dann, an engem fréie Stadium vun enger Iwwerverschëldung, antrëfft, fir et emol op Lëtzebuergesch auszudrécken, ier d'Kaz ze wäit am Dreck

stécht. Dat ass eng Saach, déi op Berodung baséiert an déi iwwert de Wee vu Multiplicateur, net nëmmen vun deene Leit, déi an deenen zwee Servicer schaffen, mä awer och iwwer Multiplicateur, iwwer aner Leit, dat kënne Sozialarbechter sinn, dat kann awer och Erzéiungspersonal sinn, dat kënne a mussen och d'Leierpersonal sinn, kann déi esou stattfannen.

Dat kann awer och, a missten eigentlech och Bänker, Geschäftsleit sinn, déi sech hei mat aklinken an och emol heiansdo d'rout Luucht umaachen, fir engem ze weisen, a wat fir eng Richtung de Wee geet, wann een do näischt u sengem Behuelen ännert.

Fir ze soen, dass déi sozial Servicer am Surendettement awer eng extrem wichteg a wäertvoll Aarbecht hei maachen, kann een dat mat den Zuelen einfach ënnersträichen. Ech hunn et virdru gesot: 390 nei Dossiere sinn opgemaach ginn am Joer 2011 bei deenen zwee Servicer an 23 Dossiere sinn an engem Stadium gewiescht, wou se an d'Prozedur hu misse goen, fir aus der Iwwerverschëldung erauszekommen.

Do dertëscht ass eng grouss Zuel vun Dossieren, an dat weist einfach, dass an engem vernetzt System vun der Sozialarbecht déi Servicer et fäerdegruecht hunn, fir iwwer aner Weeër a mat Berodung, mat Gespréich, mat Médiatioun op engem aneren Niveau deene Leit eng Perspektiv ze bréngen. Och dat ass sekundär Preventioun, och dat ass Verhënnere vun engem Ofrutsche vun deene Leit.

Am schréffleche Rapport fënnt een dann och nach eng Referenz op de Code de la consommation, deen am Abrëll 2011 hei gestëmmt ginn ass an deen eigentlech eng Informationspflicht beinhalt fir de Kreditgeber. Eng Obligation fir d'Solvabilitéit vun de Clienten ze préiwen, Rechter, fir fréizäiteg vun engem Kredit erëm zréckzetrieden an och fréizäiteg kënne zréckzebezuelen. All déi Saache sinn och am Beräich vun enger preventiver Aarbecht wichteg.

Preventiv kann een och d'Obligation de bonne conduite bezeichnen, déi am Fong geholl direkt am Ufank vun der Prozedur a Kraaft trëtt an eigentlech verhënnert, dass eng weider Verschlemmerung vun der Situatioun kann antreffen.

Mir bleift just beim Punkt vun der Preventioun ze soen, dass ech de Wonsch hunn, dass een e Wee fënnt, fir och am Beräich vun der Educatioun, vläicht vun der Schoul, mä awer och vun de soziale Servicer, mä haaptsächlech vun der Schoul, den Émgang mat Geld a Kredit ze thematiséieren. Dat schéngt mir wichteg ze sinn.

Dann eng lescht Remarque, déi ech awer hei wëll maachen, dat ass eng zu de Saisien a Cessiounen. Och wann dat elo wäit iwwert de Projet erausgeet, profitéieren ech vun der Geleeënheet, fir hei eng Lanz ze brieche, dass mer deen do Projet de loi weider kënne dreien. Ech wëll dat un engem Beispill weisen, wat dat heescht.

Mir hu Seule fir d'Saisien an d'Cessiounen am Land, déi sinn zënter zéng Joer net ugepasst ginn. A wann een elo kuckt, wien am Joer 2002 e Salaire hat, soe mer vun 2.000 Euro, deen huet haut eleng duerch den Indexmechanismus e Salaire vun 2.437 Euro. Vu dass d'Seulen awer zéng Jore konstant bliwwen sinn, profitéiert deejéinegen, deem seng Salaire saisiéiert oder cesséiert sinn, profitéiert net vun där Erhéijung, an déi 437 Euro, déi en eigentlech bäikritt huet, déi ginn integral un d'Créanciers. Dat féiert dozou, dass mer haut am Land an enger Situation sinn, dass all déi Leit, déi eng Saisie a Cessioun hunn, ënnert de Seuil de pauvreté fallen.

Aus Statistike geet ervir, dass am Gerichtsjoer 2010/11 net manner wéi 10.858 Saisie-arrête gesprach gi sinn. Et ass also e Problem, deen och eng gewëssen Envergere huet. Nach kann een, fir ee Chiffer unzehänken, soen, dass 65% vun den Dossieren, déi bei de Servicer erakommen, och Kreditter am Ausland, notamment an der Belsch hunn. Och dat, mengen ech, wier, misst Géigestand si vun enger gudder Informatioun hei am Land, well och dat mat Risiko verbonnen ass.

Schliesslech wëll ech hei ofschléissen, awer net ouni mä grouse Respekt fir déi sachlech an intensiv Diskussiounen un all Bedeelegt ausgedrécken an dësem Dossier an och wierklech nach eng Kéier hei de Leit aus der Kommissioun ee grouse Merci soen. Den Här Meyers, deen hat eis déi lescht Zweifel ausgeraumt, wéi et drëmsgoung, fir dem Statsrot senger Recommandatioun nozekommen. An ech mengen, um Enn hat en absolut recht. Mir hunn haut hei e gudde Text. D'Prozedur aus der Iwwerverschëldung gëtt méi kloer, méi komplett, si gëtt iwwersiichtlech a si ass verbessert.

Duerch d'Faillite civile kréien, wéi ech zum Schluss vu mengem Rapport gesot hunn, eng begrenzten Zuel vu Mënsche wierklech gehollef, erëm am Liewe kënne ze bestoen an am Idealfall eng nei Zukunft fir sech an hir Famill ze woen.

Ech schlësse meng Interventioun mam Accord vun der CSV-Fraktioun of.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Jean-Paul Schaaf. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här Président. Ech wëll et direkt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, souwuel mëndlech wéi schrëftlech.

Här President, wat ass Surendettement?

Do gëtt et kee fixe Montant, dat ass eng relativ Notioun. Iwwerverschëldung ass an der Regel, wann d'Leit méi wéi 60% vun hirem Revenu dorobber verwenden, fir Scholden zréckzebezuelen.

Wéi kann een an esou eng Situatioun vum Surendettement rëtschen?

Iwwerverschëldung huet hei zu Lëtzebuerg, wahrscheinlech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, verschidden Ursachen. Zum enge gëtt et Mënschen, déi net esou gutt mat de Sue kënne ëmgoen, vläicht well se et ni geléiert hunn, vläicht well se och schwéier widderstoe kënne an enger Gesellschaft, wou Konsum groussgeschriwwen ass a Publicitéiten dauernd zum Kafan invitéieren a verleeden, wou een ëmmer gären dee leschten Handy, dee leschte Computer, dee leschten Auto an esou weider hätt a wou een eben do net ka résistéieren. Ech mengen, et gëtt Mënschen, déi si ganz empfänglich derfir, déi eben dann net do sech kënne an der Gitt halen an net gesinn, wou et Schluss ass mam Akafen.

An deem Kontext direkt och eng kritesch Remarque. Et kann ee feststellen, dass déi Praxis vun den, ech géif emol soen, Abzockinstituteuren aus der Grenzregioun do bei deene Leit zousätzlech ka vill Misär a Schued uriichten. Dir kennt se sécherlech alleguerten, déi dubiéis Büros, besonnesch an der Belsch, wou Leit, déi hei zu Lëtzebuerg kee Prêt méi bei de Banke kréien, well se scho vill Schold hunn, do dann nach mat komplett iwwerhéichten Zësen Prête kréien, 15% an nach méi. Déi dat dann och nach Prêts à tempérament nennen! An doduerjer rëtschen déi Leit dann, wa se esou Prête maachen, nach méi déif an d'Schold eran. A si hunn do da wierklech keng Chance, fir aus där Spiral erauszekommen.

Mir hunn och an der Kommissioun eis Gedanken iwwert dee Phenomeen gemaach. Mir hu gekuckt, wéi ee kéint där Praxis entgéintwirken. Mir hunn do keng direkt Solutioun fonnt. Ech mengen, wat een awer misst maachen, dat ass, dass een do vläicht eng Kéier Sensibilisatiounscampagnë géif maachen. An och duerfir d'Invitatioun un de Ministère: Et ass wëschenswäert, dass do vläicht eng Kéier eng Campagne lancéiert géif ginn.

Eng aner Ursach vum Surendettement ass dat, wat ee Schicksalsschleië nennt, Licenciement, wann een d'Aarbecht verléiert. A mir hu jo och hei zu Lëtzebuerg elo e Kontext, wou wahrscheinlich an nächster Zäit déi eng oder aner Lëtzeburger Bierger och an déi Situatioun geroden, wa mer héieren an de leschten Deeg, wou bei Imprimerien, wou bei Banke massiv Leit entlooss ginn, wou da sécherlech och do vill méi Leit nach wäerte riskéieren, an déi Situatioun ze kommen. Ech mengen, et kënne och Verloschter vu Familljemembere sinn, Scheedungen, jee, dat sinn alles och Saachen, Schicksalsschleië, wou déi finanziell Situatioun vu Famillje sech ka ganz schnell, op ee Coup dramatesch änneren.

Iwwerverschëldung hënt awer och ganz staark vum Revenu of. Zu Lëtzebuerg zielen d'Leit mat niddrege Revenue scho bei enger Verschëldung vun nëmmen 30% zu den Iwwerverschëllten. Also do geet dee Seuil direkt erof. Firwat ass et da bei deene Leit mat weénigem Revenu do scho bei 30%? Ma dat ass, well se ganz vill aner Fixkäschten hunn. Déi Fixkäschten hei zu Lëtzebuerg, fir ze liewen, si relativ héich.

A besonnesch och dann, wann een drun denkt, de Logement, wou do e groussen Deel dann, ob et elo d'Miet ass oder wann een e Prêt huet, fir en Haus oder en Appartement zréckzebezuelen, datt deen e ganz groussen Deel da vum Rescht vun der Kafkraaft och opfrësst.

Ech mengen, mir hunn dat jo, déi héich Präisser am Wunnungssektor. Dat ass, géif ech och soen, an deene leschte Joren och ëmmer méi eng Ursach ginn, fir datt d'Leit hei zu Lëtzebuerg vläicht net direkt am Surendettement sinn, mä awer ëmmer ganz no un deem Risiko sinn, datt se ganz héich an d'Veerschëldung rut-



schen. Wunne gëtt eben ëmmer méi deier hei zu Lëtzebuerg. An och déi sougenannten „breet Schëlleren“, wou mer jo och nach déi lescht Deeg an haut de Moien dovunner héieren hunn, och déi kréien do, mat deene Wunningspräisser, Schwieregkeeten.

Ech mengen, bon, Dir kennt dat alleguerten, et brauch een nëmmen d'Annoncen ze kucken. E klengt Haus ass haut scho bal net méi ënner enger hallwer Millioun Euro ze kréien. Wann da jonk Mënschen do e Prêt maache mussen, alt bis 30 Joer oder méi de Prêt maachen, si mussen heiansdo iwwer e puer Dausend Euro de Mount zrëckbezuelen, dann ass een do och ganz schnell an der Quëtsch. Wann nach den Auto derbäikënn, vläicht Fraisë fir d'Kanner, eventuell och emol eng Kéier awer eng Rees sech leeschten, dann ass et haut wierklech esou, datt et um Enn vum Mount nach just null von null opgeet. Wann do dann eppes dertëscht kënnt, dann ass ee ganz schnell an der Iwwerverschëldung.

Ech mengen, dat besonnesch och an deem aktuellen ekonomesche Kontext, an Zäiten, wou jo och vill Leit duerch politesch Mesuren, zum Beispill Steiererhéijungen, Austeritéitspolitik, ëmmer méi ënner finanziellen Drock kommen, hir Kafkraaft verléieren. A mir hu jo och déi Diskussioun elo am Budget 2013, wou mer dat jo awer och - op alle Fall mir als Demokratesch Partei - soen, datt dat och e weideren Drock op déi breet Schëlleren ass, datt déi u Kafkraaft wäerte verléieren an datt do vill Leit eben och vill méi no un déi Situatioun vum Surendettement kommen.

Ech mengen, bei dem Surendettement, dee jo duerch politesch Austeritéitspolitik entsteet, do kéint ee jo nach, ob dat an der Wunnengspolitik oder bei de Steieren ass, den Hiewel usetze mat ebe politischem Géigesteieren. Dat ass och net ëmmer esou einfach. Mir wëssen dat. Mir wäerten nach muer an de Budgetsdebatten doriwwer vill diskutéieren. Ech wäert duerfir elo net ze vill op dee Volet do agoen.

Mä bei deenen anere Verschëldungen, zum Beispill eben duerch déi perséinlech schlecht Gestiou vum engem senger Hauskeess oder duerch Schicksalsschläi, ass dee politeschen Aspekt eigentlech net relevant.

Wat eis do muss interesséieren, dat ass: Wéi kënne mer deene Leit aus där schlechter Situation eraushëlfen? Wéi kënne mer de Problem vun deene Leit esou schnell wéi méiglech léisen?

Mir müssen och gesinn, datt esou Problemer vun Iwwerverschëldung ganz oft ganz Famillje betreffen an déi Famillje wierklech och un de Rand vum Existenzminimum bréngen. Dat heescht dann och sozial Ausgrenzung, dat heescht Friembestëmmung duerch Créancier. An am Endeffekt geet et do och wierklech un d'Dignitéit vun deene Leit. Duerfir ass et eigentlech eis verdammte Pflicht, fir ze kucken, fir deene Leit ze hëllefen, sief et preventiv oder eben da wéi hei mat dësem Gesetz.

Ech mengen, dat Gesetz, wat mer elo stëmmen, ass duerfir e Schrëtt an déi richteg Richtung. Ech ginn elo net méi op den Detail vun deenen eenzelne Mesuren an. De Rapporteur huet dat jo virdru gemaach. Et ass e Stufemodell - ech vereinfachen elo ganz staark -, dee vun der Médiatioun iwwert de Redressement judiciaire bis zur Procédure de rétablissement personnel geet, wat een och kéint als Faillite civile bezeichnen.

Ähnlech Gesetzgebunge gëtt et och an eisen Nopeschlänner. Och wann dee Phenomeen bei eis vläicht nach net esou verbreet ass, brauche mer awer kloer Prozedure fir déi Fäll vu Rétablissement personnel, deen also hei mam Gesetz agefouert gëtt. Dat ass also en neien Aspekt.

D'Gesetz huet an eisen Aen och eng Rei Gardefouen agebaut, datt et net zu enger abusiver Notzung vun dëser Prozedur haaptsächlech vum Redressement personnel sollt, dierft kommen.

Mä sécher muss een och Erfahrungsche mat deem neie Gesetz sammeln. Et ass noutwendeg, datt ee regelméisseg Bilane mécht an ebe gegebenenfalls, oder wann et sech eben dann esou ergëtt, datt een och Korrektur muss dann um Gesetz virhuelen.

Mir haten och an der Kommissioun diskutéiert, ob een net dat och an d'Gesetz soll aschreiwen, datt een dat eigentlech da wierklech obligatoresch mécht. Do waren Diskussiounen. An anere Gesetzter hu mer dat iwwergens och scho gemaach. Dat ass net zrëckbehale ginn. Ech weess awer, datt d'Madame Lorsché vun deene Gréngen do en Amendement bréngt, dat ech oder meng Fraktioun awer dann och wäert ënnerstëtzen, wann dat kënnt.

(Interruption)

Et muss een awer och wëssen, d'Gesetz wäert sécher net all Problemer aus der Welt schafen.

Et ass trotzdeem e bësselchen eng „End-of-pipe-Léisung“.

Wann ee feststellt, datt jo d'Iwwerverschëldung e Phenomeen ass, deen ebe ganz oft Familljen am héije Mooss trëfft, da gesäit een och, datt Aarmut - géif ech soen - an dann natierlech Surendettement och zu Lëtzebuerg ganz oft verierlech sinn. Dat muss engem Suerge maachen. A wann ee wëllt preventiv schaffen, mä Virriedner huet gemengt, datt et ganz schwéier wier, fir preventiv ze schaffen, mä ech mengen awer, datt een do muss usetzen, besonnesch och bei där Verierflechkeet vun der Aarmut, an datt ee muss versichen, awer d'Leit, besonnesch d'Kanner, aus deem Däiwelskrees do erauszekréien.

Am Kloertext: Wat heescht dat? De soziale Lift misst hei zu Lëtzebuerg fonctionnéieren, och bei de Kanner. D'Kanner missten d'Méiglechkeet an d'Chance kréien, aus der Aarmut erauszekommen. Duerfir brauche mer e Schoulsystem, deen all Kanner déiselwecht Chancë gëtt an net diskriminéiert an ausgrenzt, wat haut awer nach oft de Fall ass. Et muss een einfach feststellen, eise Schoulsystem reproduzéiert weiderhi ganz vill Inégalitëiten.

A wann ee vum soziale Lift schwätzt, muss een och d'Fro stellen, ob eis Sozialpolitik en Trampolin ass, fir aus där Aarmutssituatioun hei zu Lëtzebuerg erauszekommen. Kann ee sech mat eise Sozialsystem eropschaffen?

Wat brénge Mesuren, d'Mesures d'emploi? Wat bréngt, wéi effizient ass d'ADEM? Ech kéint elo déi Lëscht hei nach laang fortféieren. Och do musse mer feststellen, datt déi Saachen net fonctionnéieren oder nëmme ganz weëneg fonctionnéieren, datt also am Endeffekt de soziale Lift hei zu Lëtzebuerg net richteg oder guer net méi fonctionnéiert.

Eis Sozialpolitik, wann een déi esou kuckt, da kéint ee se éischer ëmschreiwen, et ass eng Hängematt, mä keen Trampolin, wou d'Leit sech kënne no uewen eropschaffen.

Duerfir geet et net eleng duer, fir dëst Gesetz ze stëmmen, mä och déi leschtgenannte Problemer müssen endlech seriö ugepaakt ginn. De soziale Lift muss erëm hei zu Lëtzebuerg fonctionnéieren, wa mer de Phenomeen vun der Iwwerverschëldung wëlle seriö upaken an an de Grëff kréien.

Voilà, Här President, dat gesot géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Engel agedroen. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport iwwer e Gesetz, wat eng länger Prozedur hanner sech huet a wat komplizéiert war auszeschaffen.

Jo, eis Gesellschaft huet sech staark geännert an de leschte Joren. Jo, Wäerter hu geännert. Déi eng si manner wichteg ginn a sinn a verschiddene Fäll duerch aner Wäerter ersat ginn. D'Konsumverhalten, de gesellschaftlechen Drock, matzehale mat deenen aneren, och wann een no bause muss oder vläicht net ka weisen, dass ee mathale kann, och deen Drock, deen ass ëmmer méi grouss ginn.

D'Publicitéit ass méi aggressiv ginn, méi direkt, méi grenziwwerschreidend. Dat alles spillt eng Roll bei der Iwwerverschëldung, ass awer - an dat hu mer vun alle Servicer confirméiert kritt, déi sech mam Thema Surendettement befaassen - an der grousser Majoritéit vun de Fäll net d'Ursach, firwat dass d'Leit an eng Situatioun vun Iwwerverschëldung falen.

Neen, et sinn d'Accidents de la vie, wéi se genannt ginn - Trennung vum Partner, Krankheet, Aarbechtsplazverloscht -, déi meeschtens um Ursprung si vun enger Situation de surendettement. Et sinn dat onerwaart Emstänn, géint déi ee sech net verséchere kann, déi jiddwereen treffe kënne, déi also net gesellschaftlech oder iwwer Kontrakt ofgeséchert kënne ginn.

Duerfir ass d'Iwwerverschëldung grad wéi och d'Veerschëldung e bedauerlecht, awer en normal Phenomeen, dat bei engem Deel vun der Populatioun zu jiddwer Zäit an onofhängeg vun der Wirtschaftslag anriede kann. Eng ugespaanten ekonomesche Lag kann natierlech dann nach zousätzlech deem Eenzelne seng Situatioun verschäerfen.

An Däitschland wier all zéngten Erwuessenen haut iwwerverschëllt. Elo kann een d'Definitiou huele vum Eugène Berger, dass, wann ee 60% vu sengem Revenu u Scholde muss bezuelen, dat eng Iwwerverschëldung wär. Et gëtt eng aner Definitiou, déi einfach seet, dass ee Schwieregkeeten huet zrëckbezuelen, an

dann, wann ee Schwieregkeeten huet zrëckbezuelen, dann ass een iwwerverschëllt.

Glücklecherweis ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg, laut den Zuele vun de spezialiséierte Servicer, net esou dramatesch. Et gëtt hei awer och eng grouss Donkelziffer. An dee ganzen Impakt vun der Verschëldung vun enger Persoun oder vun engem Stot léisst sech oft net u just engem Bankeprêt ausmaachen, mä beinhalt ganz oft eng ganz Rei vun Akeef op Raten, wou natierlech och d'Kreditinstituter dann awer eréischt an der zweeter Rei hannendrustinn. An duerfir ass et och wichteg a richteg, sech mat deem Thema ze befaassen.

Vill Leit hu Schold, an déi meescht ginn och méi oder manner gutt mat dësem Instrument eens. An de meeschte Fäll ass dat jo och begrenz op verschidde Liewensofschnëtter. Mä fir anerer ass dat Gesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, eng absolut Nécessitéit.

Dëst Gesetz gëtt eis awer och d'Geleeënheet, fir gläich un zwou Persounen ze erënneren, zwee Politiker, déi sech op dësem Gebitt ganz staark engagéiert hunn an déi leider vill ze fréi gestuerwe sinn: de Mill Majerus, den urspréngleche Rapporteur vun dësem Gesetz a mat Sécherheet eng dreiwend Kraaft an dësem Projet, an de Marc Zanussi, deen eng ganz laang Viraarbecht geleescht huet an dësem Beräich.

1993 gouf et schonn eng Proposition de loi vum Marc Zanussi. A bei den Diskussiounen zum Vote vum Gesetz vun 2000, wat duerch dëst Gesetz vun haut ersat gëtt, huet de Marc Zanussi Amendementer proposéiert, fir ënner anerem zwou grondleeënd Verbesserung virzeschoen, déi elo an dëst Gesetz sollen afléisen.

Dat Éischt ass déi grouss Neierung, nämlech d'Restschuldbefreiung ënner ganz strengen Oploen, wa keng Hoffnung do ass, dass den Débiteur seng Scholden iwwerhaapt ka bezuelen an esou riskéiert, de Rescht vu sengem Liewe vun der Sozialhëllef müssen ze liewen a sech esou an engem Däiwelskrees also no ënne befénnt.

An dat Zweet ass dann d'Kreatioun vun engem Répertoire, wou Informatiounen an Avisë sollen enregistriert ginn, fir esou ze verhënneren, dass Leit, déi scho Problemer mat hiren Engagementer hunn, sech weider verschëlde kënne. De Marc Zanussi hat also scho virausgesinn, dass mer hei elo d'Gesetz vun 2000 missten nobesseren.

Et war schonn dee richtege Choix, dem Conseil d'État sengen Iwwerleeungen nozegoen an een neit Gesetz ze schreiwen, net nëmmen aus formale Grënn, mä och weinst der Komplexitéit vun der Matière, déi hei elo an engem eenzegen Text gruppéiert ass, wat esou och zur besserer Liesbarkeet fir déi Concernéiert ka ginn.

Niewent der Prozedur vum Rétablissement personnel an dem Répertoire spécial gi mat dësem neie Gesetz och d'Prozedur fir d'Opmaache vun der Demande de surendettement, d'Roll vum Service de médiation a vum Service d'information et de conseils en matière de surendettement an awer och d'Fro vun der Recevabilité vun der Demande traitéiert.

Wichteg ass awer och, dass mer de Principe de solidarité an dësem Gesetz net vergiessen, dee Prinzip, dass, wann et engem a sengem Liewen duerch wéi eng Emstänn och ëmmer net esou gutt gaangen ass, de awer och dann d'Chance hues, erëm eng Kéier nei unzefänken, eng zweet Chance kriss an dengem Liewen, fir op deng eege Féiss ze kommen an deemno och erëm e mënschewierdeg, humaant Liewe kënne ze féieren.

De Rapporteur ass virdrun a sengen Ausféierungen op den Detail vum Gesetz agaangen. Dat brauch ech also net méi ze maachen.

Erlaabt mer, Här President, awer a Saache Répertoire dann nach e puer kritesch Iwwerleeungen ze féieren. Fir d'Éischt zur Grondkonzeptioun vum Répertoire, an deem jo Informatiounen an Avisë gesammelt ginn, wann eng Persoun an der Prozedur dann dran ass. Dat heescht, bei enger Persoun, wou d'Situatioun am Fong schonn esou verfuer ass, dass alles probéiert ginn ass an all Démarché gemaach goufen, fir eben an déi Prozedur vum Rétablissement personnel ze kommen.

Et hätt ee sech kënne virstellen, ee Fichier ze maachen, deen d'Banken an d'Kreditinstituter alimentéieren a konsultéiere géifen, wou dann ersichtlech géif ginn, wéi vill Engagementer eng Persoun schonn huet, fir dann esou ze jugéieren, ob et iwwerhaapt nach vertriebar ass, nach esou ee Prêt ze accordéieren. An d'Banken hu verlaude gelooss, si géife souwisou deen Échange vun Informatiounen maachen, mä eben op eng informell Aart a Weis.

Sou steet am Procès-verbal vun der Kommissioun vum 27. Abrëll 2010: «Les banques rési-

dentés échangent d'ailleurs entre elles les informations relatives aux clients résidents.»

Ob dat esou richteg an der Rei ass, kann ee sech op d'mannst froen. Do geschitt da scheinbar een net geregelten Échange vun Informatiounen a perséinlechen Donnéeën.

Hiewen d'Banken do net selwer an ouni kloer Kritären d'Bankgeheimnis esou à la tête du client op? Dat heescht, et kann ee weder sécher sinn, dass dat gemaach gëtt do, wou et sënnavoll wier, nach dass et net gemaach gëtt do, wou et eigentlech net sënnavoll ass oder net gerechtfertegt ass. Ech denken, dass een dat schonn emol kann hannerfroen.

Deen anere Problem ass dee vum Accès op dee Répertoire, esou wéi en elo geduecht ass. Och wann den eigentlechen Inhalt nëmme Concernéierter zougänglech ass, kann trotzdeem all Persoun physique, déi sech ausweist, froen, ob eng bestëmmte Persoun an deem Répertoire ageschriwwen ass. Domat ass da kloer, dass déi Persoun, iwwert déi d'Renseignement der geholl ginn, an enger Procédure de surendettement dran ass. Dat war vläicht gutt geduecht, riskéiert dann awer vläicht eng Rei vun Effets pervers ze hunn.

Wie verhënnert dann, dass en zukünftigen Employeur oder e Propriétaire, deen eng Wunneng wëllt verlounen, sech fir d'Éischt emol op deem Répertoire do renseignéiert?

Dat ass och vläicht verständlech, stellt awer fir verschidde Persounen, déi an där Prozedur sinn, e grouse Problem duer, well se riskéieren, ni méi kënne eng Wunneng ze kréien oder vläicht och ni méi eng Aarbecht ze kréien.

Dat heescht, indirekt kéint dee Répertoire, esou wéi den Zougang geregelt ass, um Enn verhënneren, dass eng iwwerverschëllte Persoun nees ka Fouss faassen, op d'mannst esou laang, wéi se répertoriéiert ass. An dat ass se no laange Prozedure bis zwielef Joer an dann nach eng Kéier siwe Joer duerno.

Vläicht léisst sech do nach op d'mannst deen een oder deen anere Garde-fou abae beim Règlement grand-ducal, deen de Fonctionnement vun deem Répertoire do soll festleeën. Et kéint ee sech zum Beispill virstellen, dass op d'mannst géif festgehalde ginn, wie sech iwwer wien do renseignéiert, an déi Informatiounen missten dann och dem Débiteur zougänglech sinn.

E weidere Punkt, deen d'Berodungsservicer opwerfen, ass déi Dispositioun, dass och no enger Remise des dettes den Dossier nach siwe Joer laang net zou ass an dass bei Retour du failli à meilleure fortune den Dossier eben nees opgemaach gëtt. Och dat ass an der Grondiddi jo ganz richteg. Allerdéngs wär et och hei vläicht ubruecht, deen „à meilleure fortune“ e bësse méi prezis ze formuléieren.

Niewent dem Bilan vun deenen eenzelne Servicer, déi sech mam Surendettement befaassen, an niewent der interner Analys vum Ministère sollt een dëst Gesetz an déi dora virgesinne Mesuren am A behalen an no enger gewëssener Zäit d'Zesummespill tëschent de verschiddenen Acteuren iwwerpräiwen an dann och gegebenenfalls déi Moosnamen huelen, déi dann zu enger Verbesserung vun deem Zesummespill kéinte féieren.

Wichteg ass awer och, an dat ass virdrun och scho gesot ginn, dass weider preventiv geschafft gëtt. Ier d'Scholdefal zouklappt, müssen d'Unzecheen erkannt ginn an dann och géigegesteiert ginn. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, dass déi europäesch Direktiv iwwert d'Contrats de crédit à la consommation an d'Lëtzeburger Recht iwwerholl ginn ass duerch d'Gesetz vum 8. Abrëll vun 2011 iwwert de Code de la consommation.

Hei gëtt den Zougang zu Kreditter besser iwwerpräift, an och d'Publicitéit, déi an dësem Domän gemaach gëtt, gëtt geregelt. Ausserdeem ass och de Créancier verlicht, sech ze verséchere, dass den Débiteur an der Lag ass, dee vun him opgehollene Prêt och zrëckbezuelen ze kënne.

Dëst si wichteg Moyenë vun enger sënnavoller an effikasser preventiver Aarbecht. An zu dëser Aarbecht gehéiert awer mat Sécherheet och eng Sensibiliséierungsarbecht souwuel bei de Bierger, awer och bei eiser Jugend an natierlech och bei de Servicer, déi vill mat deene Leit ze dinn hunn, déi a Gefor kënne kommen, iwwerverschëllt ze ginn. Ech denken hei virun allem un déi, déi an der éischer Linn stinn, an dat si ganz oft eis Office-socialen, déi an hirer Aarbecht sollen ënnerstëtzt ginn, Signaler ze erkennen an dann och fréizäiteg anzegräifen.

Ganz wichteg schéngt mir och, an ech hunn et virdru scho gesot, dass mer en allgemengt



Bewosstsinn kréien, dass d'Leit, déi an de Surendettement falen, net einfach de Stempel kréie vun Irresponsabelen, déi dem grenzenlose Konsum frönen an dann hir Dépenses net méi am Grëff hätten. All Servicer, déi an dësem Beräich schaffen, betounen ëmmer nees, dass dëse Cliché an deenen allermeeschte Fäll net zoutreëft. Et si wéi gesot déi kleng an déi méi grouss Accidenter vum Liewen, déi maachen, dass een an d'Labrante kënnt a senge finanziellen Obligatiounen net méi kann nokommen.

Trennung, Chômage a Krankheet si meeschtens um Ursprong vu Situatiounen vu Surendettement. An an deem Sënn sinn dann d'Bedenken an d'Ängscht vun de Bankevertreider an de Commerçantë bei der Restschuldbefreiung net berechtigt. D'Méiglechkeet vun där Reschtschuldbefreiung wäert kaum derzou féieren, dass Leit sech déresponsabiliséieren an dat als Option carrément wielen. Do weisen eis d'Beispiller aus dem Ausland, wou et dëse System scho gëtt, dass dat net de Fall ass.

Zum enge sinn nämlech eng ganz Partie Garde-fouen, vill Obligatiounen, Démarchen a streng Oploe virgesinn, bis een an déi nei drëtt Phas kann erakommen, an, an dat ass nach e wesentleche Schratt, deen derbäikënnt: Den Débiteur, dee muss sech perséinlech a sengem Entourage seng Faillite och agestoen. E muss sech dëser Situatioun bewosst ginn, sech wëllen hëllef loossen. An e gëtt domadder och een Deel vu sengen eegenen Décisiounen op.

Et kann een am Fong dovun ausgoen, dass souwuel den Débiteur wéi och de Créancier vun der Restschuldbefreiung vum Iwwerverschëlte ka profitéieren. Mat der Hoffnung op en Enn vum Scholdentunnel an op en neien Ufank kann den Débiteur iwwerhaapt motivéiert ginn, fir sech all Méi ze ginn, fir seng Situatioun ze verbessern. An an deem Fall kréien d'Créancieren eventuell méi, wéi wann d'Iwwerverschuldungssituatioun géif éiweg undauern.

En fin de compte a schwierige wirtschaftlechen Zäiten, mat breeden a schmuele Schëlleren, Kris a spueren, e Gesetz, wat e gutt Gesetz ass, wat vu ville Servicer erwaart gëtt, wat enger Partie Leit erëm Liewensmutt gëtt an eng Chance op en neien Ufank. Eng zweet Chance, fir erëm e liewenswäert an humaant Liewe kënnen ze féieren, wou se dann op hiren eegene Féiss erëm kënnen stoen.

Ech ginn heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschten.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Engel Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee Saache keeft, déi een net brauch, mat Geld, wat een net huet, dann ass ee selwer schold. An et geet och keen eppes un, wéi vill Kreditkaarten e Mënsch an der Täsch huet a wat en domat mécht. Dat sinn déi klassesch Behauptungen, déi een ëmmer nees ze héiere kritt, wa vun Iwwerverschuldung geschwat gëtt. Oft gëtt dëse Phänomeen op e private Problem reduzéiert, aus deem de Stat sech erauszehalen huet. D'Realitéit um Terrain ass awer enger aner.

Mir sinn eis jo eens, dass d'Iwwerverschuldung net just op psychologesch Dispositiounen wéi feelend Verantwortungsbewusstsein, en onkritesche Geescht oder ze vill Risikobereitschaft zréckzuféieren ass. Och d'sozial Exklusivitéit, déi vill Mënschen dozou verleet, gesellschaftlech Defiziter duerch de Kaf vu Statussymboler auszegläichen, ass net den eenzege Grond.

Wann ëmmer méi Leit hir Scholden net méi am Grëff behalen, dann ass dat ganz kloer e gesellschaftspolitesche Phänomeen, op deem de Gesetzgeber en Afloss huet an op deem de Gesetzgeber reagéiere muss. E muss analyséieren, ob déi bestehend Reglementatioun den aktuelle Problemer gerecht gëtt oder net an ob déi néideg Viraussetzung bestinn, fir esou Problemer an Zukunft ze verhënneren.

Datt dat net de Fall ass, huet sech am Laf vun der leschter Zäit gewisen. Duerfir begrësse mir als gréng Fraktioun, dass dat aalt Gesetz duerch e verbessert Gesetz ersat wäert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een eng Situatioun verbessere wëll, muss een natierlech hir Ursache kennen. Eng vun den Haaptursache vum Surendettement sinn déi sougenannt Accidents de la vie, déi den Här Engel elo just beschriwwen huet, wéi zum Beispill Stierffäll, Krankheeten, de Verloscht vun der Aarbechts-

plaz an de Broch vu Partnerschaften, dee vill Leit vun haut op muer zum Elengerzéier mécht.

Eng aner Ursach kënnt derbäi, an déi gëtt ganz akut. Et ass den héije Präis, deen zu Lëtzebuerg fir e Grondrecht bezuelt muss ginn, an zwar d'Recht op d'Wunnen. Eleng d'Tatsaach, dass den Undeel vu Sozialwunnengen an eisem Land nëmmen 2% vum gesamte Wunnbestand ausmécht, seet genuch. An och nëmme 7% vun de Mietwunnengen si Sozialwunnengen. All déi aner Wunnengen si fir vill Leit net bezuelbar an eng vun den Haaptursache vun der héijer Verschuldung.

Schold un där desolater Situatioun sinn net déi eenzel Privatpersounen, mä eenzeg an eleng d'Regierungen aus de leschte Joren, déi an der Wunnengsbaupolitik versot hunn. Surendettement huet also net nëmme perséinlech Hannergrënn, mä virun allem politescher an ekonomescher a gräift a verschidde Liewensberäicher eran.

Dernieft implizéiert en eng ganz Rei Acteuren, déi sech frontal géigeniwwerstinn.

Op där enger Säit stinn d'Banken an d'Kreditëschenhändler, déi sech un der Verschuldung vun hire Clientë beräicheren. Op där anerer Säit stinn d'Konsumenten, déi un hirer Verschuldung veraarmen. Dat Ganz ass also méi komplex, wéi et dobaussen oft duergestallt gëtt. Dat erkläert och, firwat dësen Text esou laangoomeg war a vill Kommissiounssätzungen erfuert huet. Duerfir dem Här Schaaf e grouse Merci fir seng Ausdauer an dësem Dossier a fir säin ausféierleche Rapport.

Haut geet et virun allem drëms, déi zwou bestehend Prozeduren, de Règlement conventionnel an de Redressement judiciaire, zugonschte vun engem bessere Schutz fir d'Débiteuren an d'Codébiteuren ze verbesseren a gläichzäiteg déi Créancieren ze definéieren, déi prioritär zréckbezuelt mussen ginn. Dës zwou Prozeduren ginn duerch de perséinleche Rétablissement ergänzt. Domat gi mir op deeselechete Wee wéi vill aner Länner. Beispillsweis huet an Dänemark schonn esou e Gesetz 1984 bestanen.

Mat der Aféierung vun der Faillite civile oder, méi positiv ausgedréckt, dem perséinleche Rétablissement kritt eng iwwerverschëlte Persoun d'Chance, nees bei null unzufänken, wann déi zwou éischt Prozeduren erfolleglos bliwwen sinn. Mat der Faillite civile gëtt se responsabiliséiert a bleift net hiert Liewe laang ofhängeg vu sozialen Déngschtleeschungen.

Aus deenen Iwwerleungen eraus wäert déi gréng Fraktioun dëse Projet och stëmmen. Allerdéngs hält eis Begeescherung sech a Grenzen, well mir eng Rei Kaderbedéngunge vermessen. Dorobber kommen ech zréck. Fir d'Éischt awer e puer méi generell Remarquen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann dëse Projet sech ausschliesselech op déi privat Iwwerverschuldung bezitt, läit et awer am Sënn vun der Saach, d'Veerschuldung an en ekonomesche Gesamtkontext ze setzen. An deem Kontext stellt d'Iwwerverschuldung vun de Privatleit nach just d'Spëtzt vum Äisbiereg duer. Dee richtigen Émgang mam Geld ass jo net nëmmen am Privatberäich aus dem Rudder geroden, mä nach op ganz anere Pläng.

D'Banke si massiv ofhängeg gi vu staatleche Finanzsprëtzen a Garantien, während op EU-Niveau d'Rettungsschiemer a Milliardenhéicht mussen mobiliséiert ginn, fir national Ekonomien ze retten. D'Zommen, déi de Stat fir dës kollektiv Rettungsaktiounen zur Verfügung stellt, stinn a kengem Verhältnis zu deem, wat fir iwwerverschëlte Privatpersounen investéiert gëtt.

Beispillsweis hunn d'Banken am Zäitraum vu September 2008 bis Juli 2009 staatlech Garantie vu genee 4,8 Milliounen an Empfang geholl, also genee 8,8% vum PIB. Dergéint gesäit déi hallef Millioun, déi de Stat an de Fonds d'assainissement fléisse léisst, an d'Geld, wat an d'Resources humaines vun deenen zwou Ulaustellen an den Offices sociaux fléisst, zimlech schappeng aus. Och ass d'Vitesse, mat där d'Rettungsaktiounen iwwert d'Bühn ginn, net déiselwecht fir déi eng wéi fir déi aner.

Während de Stat souzesoen iwwer Nuecht zwou wichteg Lëtzeburger Banken an dréchen Dicher konnt bréngen, mussen iwwerverschëlte Einzelpersounen äusserst komplizéiert, laangwierig a belasschtend Prozeduren durchlafen.

Natierlech kann ee soen, dass de Stat schnell an effikass muss handeln, fir déi national Economie um Liewen ze halen, well doduerch nach gréisser sozial Problemer an Entloossunge verhënnert ginn. D'Flicht vum Stat därer sech awer net drop beschränken, eis Banken an d'Economie vu ganze Länner ze retten. E muss och déi Mënsche schnell an effikass ënnerstëtzen, déi dem sougenannten „Pomp-Kapitalismus“ zum Opfer falen.

D'Aféierung vun der Faillite civile ass wuel eng gutt Saach, sollt awer net als grouse soziale

Fortschrëtt duergestallt ginn, mä villméi als eng onëmgänglech Flicht vum Stat. Zu dëse Flichte gehéiert och d'Schafung vun den néidege Kaderbedéngungen, fir dass an Zukunft manner Leit an d'Iwwerverschuldung erageroden; an anere Wieder d'Preventioun.

«La loi gère les conséquences du surendettement, pas ses origines», huet d'Journalistin Anne Heniqui virun engem Joer am „Lëtzeburger Land“ geschriwwen. Dës Ausso treëft nach ëmmer zou a bréngt d'Saach op de Punkt. D'Preventioun kënnt an dësem Gesetz ze kuerz.

Mat Recht kritiséiert d'Chambre des Salariés an hirem Avis, dass dat Wuert am Gesetzestext kaum virkënnt. D'Preventioun ass eng vu villen anere Missiounen, déi de Service d'information et de conseils en matière de surendettement soll erfëllen, ouni dass déi Missioun konkret definéiert ass, weder a puncto Inhalt nach a puncto budgetär Mëttele fir d'Frais de fonctionnement. «Dans la limite des crédits disponibles», steet do. Dat seet alles an näischt. Och wann d'Preventioun net normativ ass, brauch een awer Mëttele, fir se duerschzeféieren.

Mir stellen net a Fro, dass déi zwou Ulaustellen - d'Ligue médico-sociale an Inter-Actions - grad wéi d'Offices sociaux um Terrain alles maachen, wat se kënnen, fir de Beträffenen zur Säit ze stoen. Mir stellen och net a Fro, dass se verschidden Initiativen am Beräich vun der Preventioun ergräifen. Allerdéngs hunn déi Instanzen net dat néidegt Personal an net genuch Finanzmëttele, fir d'Preventioun kategoresch a flächendeckend weiderzedreien. Hei feelt et ganz einfach u staatlecher Ënnerstëtzung.

Et bleiven nach d'Schoulen, déi och eng wichteg Roll an der Preventioun musse spillen. Woumat ech dat widderhuelen, wat den Här Schaaf och scho gesot huet. Mir sinn der Meinung, dass déi Thematik onbedéngt am Enseignement muss behandelt ginn. Dat net eréischt am Secondaire, wou eenzel Studenten a Studentinnen scho Kreditkaarten am Kapp hunn a vu Luxusautoen an Haiser dreemen, mä scho bei deene Klengsten.

Net all Kanner léiere vun doheem aus, mat Geld ëmzuegoen, et ze behalen oder et souguer ze vervillfälegen. Déi Fäegkeet gëtt just an deene Famillje vermëttelt, déi scho säit Generatiounen genuch Geld hunn a genuch Geld kréien. E Kand, deem seng Famill kee Geld huet, kann och net léieren, wéi et domat ëmgoe soll.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi finanziell Bildung, wéi eis däitsch Nopere se nennen, kann net fréi genuch ufänken a se därer och am Erwuesenenalter net ze kuerz kommen.

An deem Kontext wëilt ech op eng Etüd vun der däitscher Verbraucherzentral hiweisen. Doraus geet ervir, dass dat sporadesch Aktiounen wéi Informationskampagnen, Konferenzen oder eenzel Coursé sougutt wéi guer näischt notzen, wa se net dauerhaft a flächendeckend stattfannen. Gradesou weínege Erfolleg hu sporadesch Veranstaltungen mat Experten an de Schoulen, wann déi finanziell Bildung net formell als Schoulfach agefouert gëtt an alle Kanner zerguttkënnt.

Déiselwecht Etüd beschäftegt sech och mat der Preventioun am Finanzsecteur a weist drop hin, dass ëmmer méi Kreditinstitute sech zu sozial verantwortleche Kreditgeschäfte bekennen. Hire Werbecampagnen no verzichten eng ganz Rei Banken a Kreditvermittler op iwwerdeiert Kreditëmschuldungen, halen d'Zënse aus deontologeschen a sozialen Ursachen op engem niddregen Taux, préiwen am Virfeld d'Kreditcapacitéit vun hire Clienten a schreiwen d'Berodung grouss.

Wann een deene Lëppebekenntnisser awer op de Laim geet, stellt ee fest, dass se nëmmen an deene seltenste Fäll duerschgefuert ginn. Virun allem dënge se de Kreditmäert dozou, sech samariterhaft duerstustellen an op déi Manéier grad déi fragilste Bevölkerungsgrupp ze erreechen.

Sanktiounen wieren ee Mëttel, fir deem opzehëlfen. Wann déi awer esou niddreg sinn, dass déi global Benefisser se méi wéi auszegläichen, gi se gären a Kaf geholl, ausser d'Geldstrofe wieren extrem héich. Virun allem déi belsch Banken aus der Émgéigend kenne sech an deem Geschäft gutt aus a riichte bei der Lëtzeburger Bevölkerung vill Schued un.

Mir sinn eis bewosst, dass Lëtzebuerg dës Bauernfängerei net eleng aus der Welt schafe kann. Lëtzebuerg kann awer säin Deel dozou bäidroen, fir dass an Europa eng harmonesch Politik bedriwwen gëtt am Beräich vun transparenten, klaren a mateneer vergläichbare Kreditofferen.

Dernieft wier eng zentral Scholdendatebank, déi am Virfeld vu gréisserer Kreditopnahmen an eisem Land kéint a misst consultéiert ginn, net vu Muttwëll. Fir d'Gemitter ze berouegen, dat ass och elo geschitt, gëtt dacks op de Code de

la consommation higewisen, deen op enger EU-Direktiv baséiert an eng eenheetlech Regelung am Sënn vum Konsumenteschutz soll erlaben. An der Praxis huet dee Code leider nach net vill bewierkt. En huet nach keng Bank a kee sougenannten Intermédiaire de crédit vun onverantwortlech Kreditgeschäfte zréckgehalen a wäert dat och weiderhin net maachen. Et sief, et géife méi rigide Kontrollen a massiv Sanktiounen agefouert ginn.

Och d'Werbung misst konsequente Regeln ënnerstoen, fir d'Konsumente virun der Manipulatioun ze schützen. Wann ee beispillsweis um Internet vun enger Lëtzeburger Bank Sätz liest wéi „passez du rêve à la réalité“, da wësen déi weínege, wouhin deen Dram mat der neier Kreditkaart ka féieren. Net an d'Realitéit vum erfüllten Dram, mä an d'Realitéit vun der desolater Iwwerverschuldung.

Ofschléissend nach e Wuert zum Rapport d'application, deen am Gesetz vun 2000 virgeschriwwen war. Wéi d'Gesetz vun 2000 op dëser Plaz diskutéiert ginn ass, huet all Riedner an all Riednerin begreist, dass no fënnf Joer e Rapport virun der Chamber misst presentéiert ginn. D'Vertreider vun DP an LSAP hu sech deemools souguer derfir ausgeschwat, dass dee Rapport schonn no zwee bis dräi Joer sollt opgestallt ginn, fir eventuell Schwaachstellen am Gesetz esou fréi wéi méiglech ze detektéieren an d'Gesetz gegebenenfalls unzepassen. Dee Rapport ass am Joer 2006 virgeluecht ginn an et huet sech erausgestallt, dass d'Gesetz vun 2000 effektiv verbessert misst ginn.

De Projet de loi vun haut dréit deene Lacuné Rechnung, wat absolut begreissenswäert ass.

Net nozevollzéien ass dann awer, dass d'Koalitionsparteien an Zukunft op esou e Rapport verzichten wëllen. Den Här Berger huet et erwähnt, an der Kommissioun hu mer driwwer diskutéiert. Als Vertrieederin vun der Fraktioun hunn ech mech deemools dergéint ausgeschwat, deen Artikel net ze iwwerhuelen aus dem ale Gesetz. An ech maachen dat och elo mat engem Amendement, deen ech hei wëilt déposéieren.

Amendement 1

Au titre 6, il est inséré un article 55:

Art. 55. Le Gouvernement présentera à la Chambre des Députés, dans un délai de cinq ans suivant la mise en vigueur de la présente loi, un rapport d'évaluation sur son application.

(s.) Josée Lorsché, Claude Adam, Eugène Berger, Félix Braz, Camille Gira.

► **M. le Président.** - Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - D'Erfahrung huet gewisen, wéi wichteg esou eng Evaluatioun ass. Ausserdeem ass et d'Recht vun der Chamber, iwwert d'Konsequenze vun engem Gesetz an d'Bild gesat ze ginn, virun allem, wann et ëm wichteg sozial an ekonomesch Auswierkunge se hunn. An deem Sënn wiere mir frou, wann eisen Amendement géif ugeholl ginn, och wann dat hei an der Chamber net Usus ass.

Einfach komme loossen, wat kënnt, ouni sech Rechenschaft ofzeleeën, wat et bewierkt, ass fir déi gréng net akzeptabel. Mir wëlle gewuer ginn, ob déi haut agesaten Instrumenter duerno effikass funktionéieren oder net. A mir wëllen och wëssen, wéi eng sozial an ekonomesch Auswierkunge se hunn. An deem Sënn wiere mir frou, wann eisen Amendement géif ugeholl ginn, och wann dat hei an der Chamber net Usus ass.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Als leschten agedroene Riedner hunn ech den Här Colombero op der Lëscht. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt e ganz grouse Merci un den Här Rapporteur Jean-Paul Schaaf fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Ech wëilt och hei op dëser Plaz dem Kolleeg Mill Majerus senger gedanken, deen och den Initiator vun deem Projet war, als gudder Kolleeg a vill ze fréi verstuerwen.

Mir begreissen, wat de Rapporteur gesot huet, dass en och e Gesetz iwwert d'Saisie gutt heescht. Well mir verstinn net, wéi eng Persoun, déi normal schafft, dass déi Persoun, wa se d'Saisie op der Pai gemaach kritt, och nach manner Sue verdéngt, wéi wa se den RMC hätt. Duerfir begrësse mer dat, dass dat Gesetz ganz schnell op de Leescht geholl gëtt.

De Budgetsrapporteur, den Här Lucien Lux, huet a sengem zweete Kapitel vun der sozialer Gerechtegkeet derfir plädéiert, dass de Wirtschaftswuesstum net dierft duerch déi negativ Effekter neutraliséiert ginn. Dat heescht, duerch d'Verschlechterung vun der Gesondheet, d'Verschlechterung vun der sozialer Kohäsioun, d'Verschlechterung vum Familljeliewen an och



d’Verschlechterung vun de Ressourcen. Do huet e sécherlech ganz recht.

A grad dëse Wirtschaftswuesstum - an, Här President, ech kann dat Wuert „Wirtschaftswuesstum“ net méi héieren, op jidde Fall net méi dee Wirtschaftswuesstum vum Luc Frieden -, grad dëse Wirtschaftswuesstum ass op eng implizit Aart a Weis Generator vun Aarmut. Hei gëtt jo net méi op d’Leit gekuckt. Hei gëtt nëmmen op d’Lobbyen, op d’Konzerner, op d’Multinationale gekuckt. Déi kënnen sech eng gëllen Nues opbauen. A parallell dozou entsteet dann op där anerer Säit vun der Gesellschaft Misär, Nout an Aarmut. A wat de kënschtleche Wuesstum ëmmer méi opgepusht gëtt, wat déi Aarmut ëmmer méi zouhëlt.

Madame Minister, den Här Kartheiser hat viru Kuerzem eng Interpellatioun iwwert d’SDFen, d’„sans domicile fixe“, ugefrot. Dir hat versprach, fir heihinnerzekommen an iwwert d’Evolution vum Dossier ze schwätzen. Mir wäere frou, wann Der eis géift do e puer Sätz soen.

De Stat ass also gezwongen, fir de Spagat ze maachen, éischstens tëschent der ekonomescher Relance, an zweetens, fir dann de Rateschwanz, deen hannendrukënt, déi Aarmut, déi bei de Leit entsteet, fir déi ze vermeiden. An duerfir, an deem Sënn, geet dat Gesetz hei an déi Richtung, nämlech, et ass e Besoin do. An d’Ligue médico-sociale, déi schwätzt vu 402 Fäll am Joer 2011. D’Ligue Inter-Actions schwätzt vun 384 neie Fäll am Joer 2011.

Et ass e Besoin do. Et gëtt also een Instrument geschafen, fir deem Besoin do gerecht ze ginn. An ëmmer wann en Instrument do ass, ass d’Gefor grouss, dass d’Leit dovunner profitéiere wäerten. Do kann ee sech vläicht da soen: Okay, et ass een neit Gesetz do. Kommt, loosst mer einfach liewe wéi mer wëllen. Quitte dass d’Prozedur da ganz laang wäert sinn, mir liewen einfach drop hin a wann eppes passéiert, da gi mer scho vum Stat opgefaangen.

Mä op där anerer Säit muss een awer och soen, dass mat der Kris, déi do entstanden ass, ëmmer méi Leit an déi Situatioun komme wäerten, zum Beispill mam Chômage, Scheedungen oder vläicht ee Stierffall. An déi Leit wäerten da vun dësem Instrument profitéieren.

Mir sinn hei also an enger sougenannter schizophrenen Situatioun. An d’Fro stellt sech, ob ee qualitative Wuesstum net besser ubruecht wier wéi de frenetesche Wuesstum, dee verschidde Politiker sech virstellen, mat engem Harakiri, deen um Horizont lues a lues Form hëlt.

Well wann ee bedenkt, dass déi nämlechte Leit souguer hir Dokteschrechnungen net méi kënnen bezuelen, eng Dokteschrechnung, déi normalerweis vun der Sécurité sociale géif rembourséiert ginn, an do dann en Tiers payant vun der Gesondheitskeess muss intervenéieren, fir d’Facturen ze bezuelen; wann ee bedenkt, dass d’Leit hir Handysrechnungen net méi kënnen bezuelen an een, zwee Rappeller musse geschéckt kréien, fir iwwerhaupt aktiv ze ginn, ma da muss ee sech hei Froe stellen. Hei si mer dann op der falscher Plaz.

Wou féiert dann dee frenetesche Wuesstum, deen hei ëmmer proposéiert gëtt, hin? Mä dat féiert dozou, dass een hei ee ganz falscht Konsumverhalten huet. E ganz falscht Konsumverhalten! D’Leit kafen egal wat. Wann elo samsches, sonndes a souguer an der Nuecht d’Geschäfte op wieren, da géifen déi akafe goen.

(Interruption)

Dat ass scho ganz normal. D’Offer ass do. An dee Moment kafen d’Leit och dat, wat se net brauchen. Et brauch een nëmmen an d’Haiser vun de Leit ze goen, do huet een heiansdo d’Impressioun, Här Clement, do kënnst een an e Musée eran.

(Interruption)

Do kënnst een an e Musée eran, Här Clement. Do gesäit ee Statuen, Statuetten, Telleren, kleng Telleren, grouss Telleren, Biller, Petzien, Camionen, egal wat. An dat Eenzezt, wat do gutt ass, dat ass, dass vläicht d’Hausfra oder den Hausmann do d’Fatz mussen huelen an de Stëbs erofhuelen. Et wär besser, dee ganze Batklang, dee ganze Krom, dee géift Der dann op engem Floumaart verkaufen. Da géift Der weinstens d’Suen nach erëmkreien, déi Der ausginn hutt.

Falsch Konsumgewunnecht, dat fänkt schonn an der Schoul un. Fréier sinn d’Kanner nach mat enger Uniform an d’Schoul gaangen. Uniform, dat heescht, jiddwereen hat datselwecht Kleeid un. Wat hautdesdaags de Fall ass: Du dierfs emol net mat enger normaler Box vum C&A an d’Schoul goen, well da gëss de gemobbt. Et muss schonn eng Box vu Lacoste sinn. An ech mengen, do geet et da schonn un, dass déi Kanner duerno,...

(Interruptions diverses)

...wa se dat schonn iergendwéi am Blut hunn, awer mussen, wa se an d’Geschäft ginn, Boxe vu Lacoste kafen an net aner Boxen. Ech mengen, dat ass ganz traureg.

Wéi paradoxal dat ganzt Konsumverhalten ass, spilt sech och an der Panoplie vun de Kreditkaarten of. Ech mengen, fréier sinn d’Leit da komm a si haten ee klenge Portefeuille mat klenge Schäiner dran. Wa se da keng Sue méi haten, hu se näischt méi kaaft. Hautdesdaags ass e Portefeuille natierlech vill méi déck. Et ass kee Schäin méi do, mä et sinn awer 25 Kaarten dran.

An och déi Kaarten, dat ass eng ganz grouss Gefor fir d’Iwwerverschëldung. Éischstens ass dat och eng verstoppete Reklamm, wat eng verstoppete Publizitéit ass. D’Geschäfte proposéieren ëmmer nei Punkten, nei Kaarten, nei Servicer. Wann s de 1.000 Punkten hues, da kriss de zéng Euro Remise an esou virun. Do ginn d’Leit quasi forcéiert, bei 800 Punkten, fir nach fir 200 Euro Saachen anzekafen, déi se guer net brauchen, fir einfach nach hire Sold erfüllt ze kréien an dann zéng Euro Rabatt ze kréien.

Op där anerer Säit sinn d’Kreditkaarten och eng ganz grouss Gefor. An ech mengen, wann déi éischt Kaart net fonctionnéiert, da geet ee jo op déi zweet iwwer. Wann déi zweet net fonctionnéiert, da geet een op déi drëtt iwwer. An iergendwéi kënnst een hannen eng Kéier un, an dann ass de Fall awer do, wéi wann ee keng Sue méi hätt. Dat heescht, et ass ee verschëllt, mä et bleift nëmme méi d’Pai iwwreg, an et kann een och net méi kafen, just mat deem Ënnerscheed, dass dee Moment d’Leit iwwerverschëllt sinn.

Och hei, mengen ech, do misst de Stat agräife kënnen a soen: „Okay, mir setzen eng ënnescht Limite un.“ Mä do geet de Stat och net drun, well normalerweis sinn et d’Banken, déi déci-déieren. Si wëlle gären Interessen hunn. An dorëms geet et jo. Dat ass jo déi paradoxal Situatioun. Et misst een agräife kënnen a soen: Okay, mir maachen eng Limite vun 200 Euro an net méi.“ Mä do geet een an d’Autonomie vun de Banken eran an dat kann ee jo och net maachen.

Op där anerer Säit, wann ee Miwwelfestival ass oder en Autofestival, do gi locker Kreditter garantéiert. Do gëtt emol net gefrot: Sinn d’Suen do? Si se net do? Haptsaach den Auto gëtt verkauft. Haptsaach d’Miwwele gi verkauft. An dat ass jo dat Allerwichtigst. D’Economie muss jo och relancéiert ginn, quitte dass d’Leit herno dat müssen zrëckbezuelen oder och net méi zrëckbezuelen; dat ass jo egal. Mä ech mengen, och do misst een intervenéieren an eng Kéier kucke goen: Hunn déi Leit nach Possibilitäten, fir dat zrëckbezuelen, oder net?

An dann, wann een d’Suen dann net méi kritt, da geet een da bei d’Kolleegeen hei an der Belsch, bei d’Finanzhaie. Déi proposéieren dann ee Service: Dir kritt d’Suen direkt op de Kont. En héijen Taux, an Dir kritt den Dierwiechter matgeliiwert, wann Der no engem Mount net direkt bezuelt. An dat ass dann d’Situatioun.

Och hei, mengen ech, déi Finanzhaie vun der Belsch, déi maachen och Reklamm hei an den Zeitungen. Dat misst jo verbuede sinn. Ech mengen, mir hunn hei am Land Gesetzer zum Beispill géint d’Fëmmen. Et dierf ee keng Publizitéit fir d’Fëmmen maachen. Mä firwat iwwerloosse mir verschiddeenen Zeitungen d’Méiglechkeet, fir Publizitéit fir esou Kreditter hei ze proposéieren? Dat ka jo net sinn! Mä och hei sinn d’Interessen natierlech ekonomescher Natur. Wat geschitt, wann d’Zeitungen esou vill Sue manner an hire Recetten hunn?

Dat ass déi ganz schizophrene Situatioun, déi mer hunn. Summa summarum, mir sinn hei, wéi gesot, ganz schlecht drun. Amplaz ee qualitative Wuesstum, setze mir op irresponsablen ekonomesche Wuesstum, fir enger Handvoll vu Multinationalen de Monopol ze ginn, eng ganz Gesellschaft ze destabiliséieren.

Wuesstum heescht Aarmut! Dat ass am héchste Grad irresponsabel. An ech hoffen, dass d’Politiker heibanne mat geballter Kraaft géint esou mënschefeindlech, mënscheveruechtend Methode kämpfen. An d’Konzerner, Lobbyen, déi nëmmen hir Interesse verteidegen, müssen hei ausgebremst ginn, egal vu wou se hierkommen, vum Qatar, vu China oder vu Russland. Dat ass total egal. Hir Prioritéit besteet sécherlech net doran, dass se d’Welt verbessere wëllen, mä se besteet einfach doran, dass hire Portefeuille ëmmer méi grouss gëtt.

Mir wäerten dat heite Gesetz matstëmmen, mat engem Bémol: Mir fäerten, dass dat heiten ee Rateschwanz no hanne wäert ginn. Mir si frou, dass verschidde Leit hei kënnen gehollef kréien, mä, wéi gesot, mir si géint dee Wuesstum, dee freneteschen, diabolische Wuesstum, deen hei proposéiert gëtt. Mir wëlle gär ee qualitative Wuesstum, deen de Leit méi bréngt. Ech soen lech Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.-** Merci dem Här Colombara. Elo kritt d’Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs d’Wuert.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif, esou wéi meng Virriednerinnen a Virriedner, och fir d’Éischt wëllen dem Här Jean-Paul Schaaf als President a Rapporteur vun der Kommissioun an alle Membere selbstverständlech e ganz grouss Merci soen. An ech muss soen, et ass gutt, dat hie méi Gedold huet wéi ech, well soss hätt dat doten net esou laang kéinten daueren, wéi mer elo do amgaang woren.

Mä d’Haptsaach ass jo d’Resultat. A wéi seet een: „Ende gut, alles gut.“ Elo si mer nach net um Enn ukomm, well mer wëssen, dat et nach e Joer dauert, bis et da kann ëmgasat ginn, well mer eben déi Zäit brauchen, och fir de Répertoire an aner Moosnamen ëmzesetzen. Mä ëmmerhin hu mer elo déi Hürden do geholl. A mir si frou doriwwer.

De Projet de loi 6021 setzt wichteg Akzenter bei der Bekämpfung vun der Iwwerverschëldung. An d’Zil besteet doranner, Leit, déi mat enger grousser Scholdelaascht konfrontéiert sinn, een Auswee aus hirer schwieriger Situatioun opzeweisen. Eng Rei Adaptatiounen ginn zum bestehende Gesetz gemaach. An zum anere gëtt d’Prozedur vun der sougenannter Faillite civile fir Privatpersounen agefouert.

Erlaabt mer kuerz op d’Iwwerverschëldungsproblematik vun de Privatpersounen hei zu Lëtzebuerg anzegoen, ier ech mech zu zwee Aspekter vum Projet de loi wëll äusseren.

Eng Enquête vum CEPS vu September 2010 seet, sechs vun zéng Stéit wiere verschëllt a ronn dräi vun deene Stéit wieren iwwerverschëllt. An nom CEPS ass bei engem Stot, dee verschëllt ass, den Undeel vun der Iwwerverschëldung 1,5-mol méi héich, wéi wann de Stot net verschëllt ass. D’Kreditter, fir sech een Haus unzeschaffen, sinn, wéi Konsumkreditter, fir sech en Auto, en iPad oder e Fernseh unzeschaffen, e Bestanddeel vun de Konsumgewunnechte vun de Leit. An de Konsum ass erëm op där anerer Säit e feste Bestanddeel vun der wirtschaftlecher Aktivitéit.

Et ass schwéier, sech e geneet Bild iwwert d’Iwwerverschëldung vu Privatpersounen hei zu Lëtzebuerg ze maachen. D’Zuel vun de Leit, déi ewell Problemer mat Banken, mat grouse Fournisseuren, mat de Gemengen, mat de Fridensgerichter a mat Dierwiechter haten, ass net bekannt. Doriwwer eraus versichen och d’Leit, déi sech verschëllt hunn, an enger éischter Phas selwer emol mat hire Créancieren eens ze ginn, ier se op d’Servicer vun dem Surendettement zrëckgräifen.

Déi eenzeg Donnéeën, déi de Ministère zur Verfügung huet, sinn deemdo déi vun de Servicer vu Surendettement, sougutt déi vun der Ligue médico-sociale wéi och vun Inter-Actions. An do gesi mer, iwwert den Zäitraum 2006 bis 2010 an iwwer zwee Servicer gekuckt, ergëtt sech da folgend Bild: 1.126 Dossiere sinn eragaangen. Dat geet awer ewell vun enger einfacher Demande de consultation bis zu engem Dossier, deen eng Interventioun vum Service brauch.

Dat sinn 1,19 Dossiere pro Schaffdag. 4.762 Clientë si betreit ginn. An do geet et och vun der Demande d’information bis zum Rendez-vous fir de Client. 114 Dossieren am Sënn vum Surendettementsgesetz sinn an deem Zäitraum eragaangen, an iwwert den Zäitraum vu fënnf Joer sinn d’Surendettementsdossiere vun 305 Dossieren 2006 op 441 Dossieren am Joer 2010 an d’Luucht gaangen.

Bei der Zuel vun der Population précaire, dat heescht Leit, déi ouni Aarbecht sinn, déi RMG-Bezéier sinn, Leit, déi Sozialhëllef bezéien, déi Servicer an Usproch geholl hunn, konnt ee säit 2008 eng Progressioun vun 152 Leit 2008 op 218 Leit 2010 feststellen.

De Profil vun den Iwwerverschëllten, dat sinn an der Haptsaach Leit, déi bestuet sinn, 34%. Déi Leit, déi eleng sinn, 28%. Ronn 60% vun de Leit sinn tëschent 26 a 45 Joer al a 55% vun deene Leit hu Kanner zu hire Laaschten. Wat hire Statut socio-professionnel ugeet, esou si 46,5% vun de Clientë Salaréien a ronn 38% sinn aus der sougenannter Situation précaire, wat da Leit sinn, déi am Chômage sinn, déi am RMG sinn an déi keng Aarbecht hunn.

D’Servicer stelle fest um Terrain, dat d’Leit mat weínege Suen am Portmonni am meeschte mat der Iwwerverschëldung konfrontéiert sinn, well si nëmme weínege Reserven hunn, fir sech iwwer Waasser ze halen, wann hir Revenussituatioun sech verschlechtert oder wann eng Dépense sech astellt, mat där net gerechent gouf. An ech denken do zum Beispill nëmmen un esou einfach Saache wéi wann eng Wäschmaschinn futtifiert. D’Haushalter mat modesté

Revenuen, déi d’Servicer kontaktéieren, hunn dacks ewell virauser och Sozialhëllef an Usproch geholl.

D’Klärung vun der Scholdefro bei der Iwwerverschëldung mécht weínege Sënn. Dofir hu mer och bei der Redefinéierung vun der Situation de surendettement, am Géigesaz zu de Fransousen, op de Kritär vun der bonne Foi verzicht.

An der Praxis ass d’Iwwerverschëldung dacks eng Verstréckung vu villen Ursaachen - an et sinn ewell eng ganz Partie vu Kolleegeen heidrobber agaangen -, wéi Krankheet, Chômage, Divorce an heiansdo och, dat d’Leit iwwer länger Zäit op Pomp oder iwwer hir Verhältnissen geliefert hunn, oder well se vläicht verpasst haten, sech séier genuch ëmstellen, wann op eemol eng aner Situatioun an hirem Liewe komm ass.

Eng aner Observatioun ass déi, dat d’Iwwerverschëldung an déi méi oder manner grouss finanziell Problemer, déi se mat sech bréngt, all Couché vun eiser Gesellschaft betrëfft. Et sinn net nëmmen déi Leit mat deem klengen Akommes oder déi keng Aarbecht hunn, mä et kann all, jiddweree vun eis betreffen.

Mat der Kris hu mer awer och festgestallt, dat ëmmer méi Leit, déi Propriétaire vun engem Haus sinn, kommen a soen, dat se hir Schold net méi kënnen zrëckbezuelen.

Fir all deene Leit, déi an der Iwwerverschëldung sinn, ze hëllefen, huet de Léiglateur missen den 8. Dezember 2000 am Gesetz iwwert d’Iwwerverschëldung eng Rei wichteg Jaloné setzen. Dat war d’Aféierung vun enger aussergerichtlecher Schlichtungsprozedur an enger Prozedur virum Friddensgericht dann, wa se net zu engem Accord kënnst; d’Schafung vun enger Schlichtungskommissioun, déi tëschent dem Créancier an dem Débiteur vermëttelt; an d’Schafung vun zwee Berodungsservicer, déi d’Leit bei hiren Démarchen duerch d’Iwwerverschëldungsprozedure begleeden, déi d’Leit insgesamt op d’Problematik vun der Verschëldung a vun der Iwwerverschëldung opmierksam maachen an niewent erzéierescher a sozialer Aarbecht sech och un Initiative bedeelegen, déi d’Preventioun viséieren, vun där och d’Madame Lorsché an anerer geschwat hunn.

D’Schafung vun engem Fonds d’assainissement, deen dem Stát et erméiglecht, deene Leit, déi iwwerverschëllt sinn, am Kader vun de Prozeduren e Konsolidatiounsprêt ze accordéieren, fir kleng Scholden, déi kee Bankkredit duerstellen, kënnen ze tilgen, dës Prozedur ginn awer net duer, fir Leit opzefänken, déi no dëse Moosnamen nach ëmmer ënnert de Folge vun der Iwwerverschëldung ze leiden hunn.

Duerch dat neit Gesetz ginn déi bestehend Instrumenter ergänzt an duerch d’Procédure de rétablissement personnel, déi dobausse besser ënnert dem Numm „faillite civile“ bekannt ass, erweidert. Soumat gëtt eng Prozedur vun der kollektiver Scholderegulung mat Faillite civile agefouert, déi aus dräi Phase besteet. D’Phas 1 betrëfft déi aussergerichtlech Schlichtungsprozedur; d’Phas 2 betrëfft déi gerichtlech Prozedur beim Friddensrichter, wann näischt aus engem aussergerichtleche Plang gëtt; an déi drëtt Phas schliesselech ass d’Procédure de rétablissement, déi sech nom franséische Modell ausriicht.

Éischstens, d’Aféierung vun der Faillite civile. D’Faillite civile ass agefouert gi mam Objektiv, fir Leit ze hëllefen, déi an enger Iwwerverschëldungssituatioun dra sinn, nodeem all déi aner Moosnamen, déi am Kader vun deenen zwou éischte Prozedure geholl gi sinn, gescheitert sinn. Ouni esou eng Faillite civile wier den Débiteur, no Oflaf vun deenen éischte Prozeduren, erëm der Mass vun de Créancieren ausgeliiwert.

D’Zivilrecht gesäit keng eenheetlech Insolvenzprozedur fir Privatleit vir, an dëst steet am volle Géigesaz zu der Procédure de faillite en matière commerciale fir Geschäftsleit.

Et soll verhënnert ginn, dat den Débiteur erëm d’Offer vu senge Créanciere gëtt an an d’Exclusion sociale eraschliddert. Et soll ee Schlussstréch kënnen gezu ginn, deen deem Iwwerverschëllten et erëm erlaabt, een neien Départ ze fannen an erëm um wirtschaftleche Liewe kënnen deelzehuelen.

D’Finalitéit vun der Faillite civile besteet doranner, dat déi Elementer vum Actif vum Débiteur - an de Jean-Paul Schaaf huet dat alles hei genee erkläert -, déi hien net brauch, fir würdeg kënnen ze liewen, kënnen verkauft ginn. Eng aner Konsequenz besteet doran, dat de Créancier, mat Ausnahm vu wann e Bierg war, Affer



vu Gewaltverbrechen oder Créancier vu Pensions alimentaires, op deene Scholde sëtze bleift, déi net duerch d'Liquidatioun konnte getilgt ginn.

De Subsidiaritéitsprinzip, deem d'Faillite civile ënnerlääst, bedéngt, datt den Iwwerverschëlte fir d'Éischt iwwer aussergerichtlech Schlichtungsprozedur an iwwert déi gerichtlech Prozedur virum Friddensrichter muss fueren, ier hie vun der Faillite civile ka profitéieren. Domadder ass assuréiert, datt den Débiteur, dee während der ganzer Prozedur encadréiert ass, all Effort gemaach huet, fir aus senger Iwwerverschëldung erauszekommen, wouvun d'Faillite civile eng lescht Etapp ass. An de Subsidiaritéitsprinzip ass domat sougutt am Interêt vum Débiteur wéi och vun dem Créancier.

Den zweeten Deel ass de Répertoire, an och deen huet de Jean-Paul Schaaf am Detail erkläert, soudatt ech mer dat och nach eng Kéier wëll erspuren.

Allerdéngs si mer hei an enger Situatioun, wou déi zwee lescht Riedner vlächent deen een e bësselechen de Contraire vun deem anere gesot huet. Wann ech richtig verstane hunn, mécht den Här Engel sech Suergen doriwwer, datt e seet: Ginn net do Leit an dee Répertoire kucken, déi eigentlech näischt doranner ze sichen hunn? An d'Madame Lorsché huet am Fong gefrot, fir ze soen: Muss et net eng Scholdendatebank ginn? Well och dat ass dann erëm eppes, wou jo dann ee sech muss virstellen: Wie kann doranner kucke goen an zu wat féiert dat? Ech sinn och éischter zréckhalend.

An ech sinn och frou, datt mer de Wee fonnt hunn iwwert de Répertoire, well soss hätte mer et missen an d'Zeitung setzen, well iergendwou muss ee jo awer och deenen déi Linne ginn, soen, oder deenen, déi wëlle Suen erëmkreien, déi musse jo gesot kreien, do ass iergendee Problem, deen do besteet. Dofir wor dat hei, mengen ech, nach deen eenzege Wee, dee mer fonnt hunn, fir dat op eng eenegermoosse gutt Aart a Weis hinzekreien. Wéi dat an der Praxis ausgesäit, dat muss sech erginn.

Dat, wat ech mengen, wat mer net kéinte maachen, datt wier, fir de Répertoire iwwer Règlement grand-ducal anescht ersuerichten, wéi et elo am Gesetz virgesinn ass, well dann hu mer keng Base légale do derfir. Mä ech mengen, och dat muss ee kucken, wéi dat sech auswierkt, a wann et dann néideg ass, datt een dann erëm eng Kéier och frësch en neit Gesetz oder nei Amendementen derzou mécht. Mä de Moment gesinn ech net, wéi een dat aneschters kéint maache wéi dat, wat mer bis elo doranner virgesinn hunn.

Fir mech ass ee ganz wichtige Punkt dee vun dem Encadrement vum Débiteur während der Prozedur. Den Débiteur ass während dem gesamten Oflaf vun der Prozedur..., an deenen dräi Phase gëtt dee vun dem Service de surendettement encadréiert. D'Gestion financière an den Accompagnement social hëllefen dem Client, sech un déi Engagementer, déi hien am Kader vun de Pläng agaangen ass, ze halen.

Den Accompagnement social an den Encadrement duerch de Service de surendettement erméiglechen och engem Débiteur, deen niewent dem Émgang mat senger finanzieller Ressourcen och nach e psychologeschen Appui oder aner sozial Hëllef brauch, esou eng Hëllef ze kreien oder vum Service bei deem zoustännege Service oder Organismus mat deem a Verbindung gesat gëtt.

De Verlaf vun där ganzer Prozedur ass iwwerdeems geprägt duerch déi sougenannt Vorverhandlungsperioden, engem Konzept, deen aus der däitscher Législatioun iwwerholl gouf. Den Débiteur verflücht sech, mat de Services zusemmen zeschaafen, fir aus senger Iwwerverschëldung erauszekommen.

Den Débiteur gëtt domat zum Acteur, dee sech no Méiglechkeeten no enger Aarbecht kann ëmsinn, dee seng kleng Dépense progressiv erofsetzt, dee léiert, besser mat senger Ressourcen a mat sengem Budget ëmzegoen, dee seng Engagementer vis-à-vis vu senger Créancier anhält, an doduerch gëtt d'Prozedur ze enger Garantie fir de Créancier. Och an deene Fäll, wou de Créancier net méi alles zréckkritt, ass hien awer sécher, datt den Débiteur sech un dat hält, wat am Plang ofgemaach gouf.

Doduerch, datt den Débiteur léiert, mat sengen eegene Ressourcen eens ze ginn, ass hien och besser virbereet fir e Liewen no der Iwwerverschëldung. An deenen Appui ass e wichtegt Element vun der Preventioun an der Lutte géint d'Iwwerverschëldung, woumat erëm soll verhënnert ginn, datt d'Leit an eng nächst Iwwerverschëldung falen.

D'Preventioun ass eigentlech vun alle Riedner hei ugeschwat ginn. D'Preventioun géint d'Iwwerverschëldung fënn op verschiddenen Niveaue statt. Déi primär Preventioun géint Iwwerverschëldung fënn statt, ier d'Leit e Kontrakt ënnerschreien an ier et iwwerhaupt zu enger Verschëldung oder Iwwerverschëldung kënn.

Et ass och méi dacks hei ewell op d'Afféierung vun dem Code de consommation higewise ginn, eng Ëmsetzung vun EU-Direktiven, déi Akzenter setzt, déi dem Prêteur eng ganz Rei vun Obligationen operleet, fir de Client besser iwwer seng Finanzprodukter ze informéieren a sech iwwert d'Solvabilitéit vum Client ze informéieren. Ech wëll och hei ervirhiewen, datt d'Servicer vun der Ligue an der Inter-Actions, déi d'Preventioun an hire Missiounen stoen hunn, regelméisseg aktiv ginn, wann et ëm de Volet Informatioun a Preventioun geet.

An ech erënnere dobäi un ee Beispill vun der Preventiounscampagne „consommer responsable“, déi am September dëst Joer gelaf ass a wou et drëm gaang ass, Kanner am Alter tëschent néng an zwielef Joer op eng spilleresch Aart a Weis ze sensibiliséieren, wat ee Budget ass a wat den Ënnerscheed ass tëschent deem, wat ee gären hätt, an deem, wat ee brauch. Duerch esou Aktiounen ginn d'Kanner als déi zukünftige Konsumenten op de richtigen Émgang mat Sue virbereet.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn och eng Partie vun anere Changementer gemaach ginn an dem Gesetz, wat mer virauer haten. Ech wëll net méi op déi alleguerten agoen, datt huet de Rapporteur am Detail gemaach. Ech wëll just nach soen, datt d'Preventioun, jo, ze kuerz kënn. D'Scholdendatebank, doriwwer hat ech eppes gesot.

Mir haten eng laang Diskussioun, méi wéi eng laang Diskussioun, Madame Lorsché, an der Chamber iwwert de Rapport no fënnel Joer. Et ass net zréckbehale ginn, datt mer no fënnel Joer... mir hu keng Majoritéit fonnt, fir no fënnel Joer e Bilan ze maachen. Ech denken, datt an deene järeleche Rapporte vum Familljeministère ëmmer op déi dote Saachen opmierksam gemaach gëtt, an datt, wann ee wierklech gesäit, datt dat eent oder dat anert net gutt funktionéiert, een och keng fënnel Joer brauch ze waarden, bis een e Rapport virleien huet, fir da kënnen aktiv ze ginn.

Den Här Colombero hat gefrot mat de Sans domicile fixe. Mir sinn amgaang, mat deene verschidene Partner dorunner ze schaffen, an ech denken, datt mer uganks des Joers dee Rapport wäerte fäerdeg hunn, mat deene verschidene Aktivitéiten dran, also deene verschidene Projeten dodran, an datt mer dann nach eng Kéier kënnen hei dorobber zréckkommen.

Ech si ganz frou, datt hei eng ganz Partie vun de Virriedner - a besonnesch och de Georges Engel, an ech hat mer dat och opgeschriwwen - drop opmierksam gemaach hunn, datt 2000, beim Gesetz vun 2000, de Marc Zanussi eng Proposition de loi deemools gemaach hat fir justement d'Faillite personnelle. Deemools hate mir och an eise Gesetz dat, an eise Projet initial, dat war virgesinn, mir haten awer keng Majoritéit dofir fonnt. Dofir gesitt Der, datt een heiansdo an der Politik laangen Otem muss hunn, bis een eppes, wou een ewell virauer iwwerzeegt war, kann duerchsetzen.

Merci villmools!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Familljeministesch.

Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen elo un d'Ofstëmmen vum Projet de loi. Fir d'Éischt stëmme mer of iwwert den Amendement N°1 vun der Madame Josée Lorsché iwwert d'Afféieren am Titel 6 vun engem Artikel 55.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement 1 ass verworf mat 37 Neen- géint 21 Jo-Stëmmen. Den Titel 6 bleift also ënnert der Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Ont voté oui: M. Raymond Weydert;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix

Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-dריך, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6021 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Et fänkt nach net un. Elo fänkt et un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6021 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-dריך, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6466, e Partneriatsaccord tëschent der EU a verschidene Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeloucht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Bettel, Braz a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

2 6466 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord modifiant, pour la deuxième fois, l'Accord de partenariat entre les membres du Groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou le 23 juin 2000 et modifié une première fois à Luxembourg le 25 juin 2005

- de l'Acte final

ouverts à la signature à Ouagadougou le 22 juin 2010 et à Bruxelles du 1^{er} juillet au 31 octobre 2010

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass, wéi Der gesot hutt, et geet ëm eng zweet Modifikatioun vum Accord de Cotonou tëschent den AKP-Länner, dat sinn déi Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, op där enger Säit, an der Europäescher Unioun an hire Memberlänner, op där anerer Säit. Dee gouf 2000, am Joer 2000 gouf dësen Accord zu Cotonou ënnerschriwwen. Déi éischt Revisioun ass ënner Lëtzebuurger Présidence hei zu Lëtzebuerg am Joer 2005 ënnerschriwwen ginn. An elo si mer also bei där drëtter, zweeter Revisioun.

D'Kooperatioun tëschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten, déi gouf, an dat

wësst Dir all aus de Geschichtsbücher, an der Vergaangenheet iwwer verschidde Konventionen strukturéiert, wéi d'Konventionen vu Yaoundé a vu Lomé. Am Joer 2000 kouw et dann dunn, wéi déi véiert Lomé-Konvention zu Enn kouw ass, ass een neie Mécanisme fonnt ginn, an dat ass den Accord de Cotonou, also e richtige Partnerschaftsaccord, deen am Fong deen neie Kader gëtt fir d'Relationen tëschent der EU an den AKP-Länner.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

D'Haaptobjektiv war natierlech d'Reduktioun, à terme, an och d'Éradicatioun vun der Aarmut duerch eng progressiv Integratioun vun den AKP-Länner an déi global Économie, an dat natierlech am Respekt vum Développement durable.

Den Accord de Cotonou, den Haaptaccord baséiert op fënnel interdependente Pilieren, dat ass eng wichteg... deen éischte Punkt ass eng ganz global politesch Dimensioun. Zweetens, d'Encouragéiere vu participativen Approchéen vun de Partner. Drëtens, eng strategesch Orientéierung hin zur Aarmutsreduzéierung. Véiertens, d'Mise en place vun engem neie Kader fir wirtschaftlech a kommerziell Zesummenaarbecht. Fënneftens, d'Verbesserung vun der Coopération financière. Den Accord de Cotonou ass fir eng Dauer vun 20 Joer ofgeschloss ginn a kann, wéi gesot, all fënnel Joer reviséiert ginn.

Am Joer 2009 ass dunn décidéiert ginn, dass den Accord vu Cotonou eng zweet Kéier soll adaptéiert ginn, dat heescht verbessert ginn. An iwwert déi zweet Modifikatioun stëmme mir haut, wéi gesot, of. A genau wéi bei där éischter Revisioun ginn d'Acquis vum Accord de Cotonou guer net a Fro gestallt. Den Artikel 95 seet just, dass ee soll aktualiséieren an d'Effikasitéit améioréieren.

D'Welt verännert sech, dat wësse mer, et komme Changementer, a säit där éischter Revisioun hu mer jo materliefte déi Flambée vun de Präisser vun de Liewensmëttel an och vun der Energie. Et ass eng weltwäit Finanz- a Wirtschaftskris, an dann och d'Effete vum Klimawandel, déi sech ëmmer verstärken. An dann huet sech och erausgestallt, dass déi regional Integratioun an den AKP-Länner ëmmer méi wichtig ass, an och, dass d'APEn, dat sinn déi berühmten Accords de partenariat économique, dass een an deene Verhandlungen net richtig weiderkomm ass.

Déi zwou Parteien, d'EU an och d'AKP-Länner, hu virun dëser zweeter Revisioun, esou wéi den Accord dat virgesäit, hir Uleiessen notifizéiert. Fir d'EU ware folgend Theme wichtig, fir ze modifiéieren: Dat waren natierlech déi regional a politesch Dimensioun, eng Clarificatioun vum institutionelle Kader, d'Promotioun vun den Objectifs du millénaire, d'Mandat an d'Aktivitéiten vun der BEI, der Europäescher Investitiounsbank, d'Approche participative nach auszubauen, d'humanitär Hëllef an och d'Preventioun vun de Katastrophen.

Déi Uleiessen, déi d'AKP-Länner notifizéiert hunn, déi decke sech gréisstendeels mat deene vun der EU of. Derniewent war et awer fir d'AKP-Länner wichtig, dass d'Dispositionen iwwert d'Preventioun vu Konflikten an d'Konsolidatioun vum Fridden och considéiert ginn. Zweetens, d'Kooperatioun an der Éducation an an der Kultur, an drëtens, dass de Klimawandel an d'Liewensmëttelsécherheet an hirer transversaler Dimensioun an déi zweet Modifikatioun hei erakommen.

Et ass also iwwer all déi Sujete verhandelt ginn, déi déi zwou Parteien erabruucht hunn, an déi zwou Säite konnten also den 22. Juni 2010 den Accord zu Ouagadougou ënnerschreien. A bal all Uleies huet Nidderschlag fonnt.

Bei dëser zweeter Revisioun, do gëtt et siwen Haaptenergiën:

Éischstens: Am Kontext vun de Millennium development goals sinn d'Sécurité alimentaire, de Kampf géint HIV an Aids, d'Durabilitéit vun de Fëschbestänn déi Haaptdefië fir d'AKP-Länner.

Zweetens: Beim Klimawandel erkennen d'EU an d'AKP-Länner un, dass dat wierklech e wichtigen Aspekt ass an dass och d'AKP-Länner sollen do an der Lutte géint de Klimawandel an och an der Preventioun méi ënnerstëtzt ginn.

Drëtens: Déi enorm Wichtigkeet vun der regionaler Integratioun an den AKP-Länner. Duerfir gëtt och bei dëser zweeter Revisioun d'Afrikanesch Unioun e Partner an dësem Accord de Cotonou. An dat ass, mengen ech, e wichtige Punkt, well et verbessert och d'Cohérence des politiques, och innerhalb vun Europa, well mir hunn niewent dem Accord de Cotonou och nach eng Stratégie conjointe UE-Afrique, an ech mengen, duerfir ass dat eng gutt Saach.

Véiertens: Véierte Punkt, Sécherheet a Fragilitéit. Mir wëssen alleguer, dass Entwécklung nëmmen an engem sécheren Ëmfeld méiglech ass, an deen neien Accord ënnersträicht eben